CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Session ordinaire 2019-2020

MW/PR

P.V. SID 01
P.V. J 04

# Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

# Commission de la Justice

**Procès-verbal de la réunion du 6 novembre 2019**

Ordre du jour :

Avis de la Commission nationale pour la protection des données relatif au fichier central de la Police grand-ducale au regard de la législation sur la protection des données

- Suite de l'échange de vues

*

Présents : Mme Diane Adehm, Mme Semiray Ahmedova, Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Carlo Back, M. André Bauler, M. Gilles Baum (en rempl. de M. Max Hahn), M. Eugène Berger (en rempl. de M. Gusty Graas), M. Dan Biancalana, Mme Stéphanie Empain, M. Georges Engel, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, M. Jean-Marie Halsdorf, M. Fernand Kartheiser, M. Georges Mischo, membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

Mme Diane Adehm, M. Guy Arendt, M. François Benoy, Mme Stéphanie Empain, M. Franz Fayot, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, M. Claude Haagen (en rempl. de M. Alex Bodry), Mme Carole Hartmann, M. Charles Margue, M. Laurent Mosar, Mme Lydie Polfer, M. Roy Reding, M. Gilles Roth, membres de la Commission de la Justice

M. Marc Angel, observateur

M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure
Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Ministère de la Sécurité intérieure :

Mme Béatrice Abondio, Mme Martine Schmit, Direction

*Police grand-ducale :*
M. Philippe Schrantz, Directeur général, M. Jeff Neuens, Direction générale, Mme Lydie May, Data Protection Officer

*Inspection générale de la Police (IGP) :*
M. Vincent Fally, Inspecteur général adjoint

Ministère de la Justice :

M. Gil Goebbels

Commission nationale pour la protection des données :

Mme Tine A. Larsen, Présidente du Collège de la CNPD
M. Thierry Lallemang, Commissaire à la protection des données
M. Francis Maquil

Mme Marianne Weycker, de l'Administration parlementaire

Excusée : Mme Octavie Modert, membre de la Commission de la Justice

*

Présidence : Mme Stéphanie Empain, Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

*

Les deux commissions ont décidé qu'un verbatim de la réunion est dressé.

**Verbatim de la réunion jointe du 6 novembre 2019**

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Schéine gudde Moien alleguer! Majo, villmools Merci, dass Der de Moien esou fréi heihinner komm sidd fir eis nächst Commission jointe. Dat Ganzt geet natierlech dann an der Logik weider, wéi mer et bis elo haten, an d'CNPD hat eis jo hire ganzen Avis presentéiert virun e puer Wochen. An haut géife mer ganz gären der Police och d'Méiglechkeet ginn, eng Kéier opzeweisen déi eenzel Recommandatiounen, déi do proposéiert gi sinn, also wéi si déi opgegraff hunn an elo och schonn am Alldag versicht hunn ëmzesetzen an deene Recommandatiounen nozekommen.

Ech géif proposéieren, wa mer vläicht, fir unzefänken, dem Här Minister kuerz d'Wuert ginn, an da kann d'Police och dorobber direkt reagéieren.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo. Merci, Madamm Presidentin. A Merci och, datt mer kënnen de Moien heihinner kommen, zesummen, fir Iech ze weisen, wéi mer de Suivi wëlle maache par rapport zu deem …

Jo, ech gesinn, den Här Roth huet do eng Beanstandung.

**Une voix**.- Jo.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Nee, mir hu keng.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Här Roth.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Mä just, wann Der wéilt erlaben: Wier et méiglech, dass d'Deputéierten awer kéinten um Dësch sëtzen, an net mam Réck zu der Leinwand?

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Mir hu jo den Text och hei. [...]

***(Interruptions)***

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ah, d'Madamm ...

**Mme Diane Adehm** *(CSV)*.- Ass nach en Text do wannechgelift?

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo, selbstverständlech. Et wäert jo nach eng Kopiesmaschinn do sinn, wou mer den Text ...

**Une voix**.- Jo, et missten nach anzwousch anescht Kopië sinn.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo. Et sinn e bësse vill Leit hei. Ech huelen un, datt do e bësselchen ...

***(Interruptions)***

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Wier et ...?

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Et ass eng Commission jointe ...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Madamm Presidentin, wier et méiglech, dass d'Deputéierte vun der CSV-Fraktioun kéinten niewentenee sëtzen?

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Dir wëllt alleguer beienee sëtzen?

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo.

[weiblech]**Une voix**.- Ech kéint och den Dësch dréinen [...].

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Da géif ech proposéieren ... D'Chamber wäert jo nach ee Stull hu fir e Mataarbechter vu mir, da [...] ee Mataarbechter hei [...].

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Mir si jo alleguer frou mateneen. Kann een e bësselchen zesummeréckelen, fir dass do e bësselchen nach e Sputt fräigëtt?

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Merci!

***(Interruptions)***

**Une voix**.- Sou. Mir réckele schonn hannerop!

*(Leit schwätzen – Toun ënnerbrach)*

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Solle mer nach eng Kéier en Ulaf huelen?

**M. Charles Margue** *(déi gréng).-* Här Mosar, mir hu Plaz gemaach. Wann Der wëllt eropréckelen.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Merci. Merci!

**M. Charles Margue** *(déi gréng).-* Voilà. Wann nach ee kënnt ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Also, mir hu keng Kontaktproblemer! Mir réckele ganz no beieneen.

***(Brouhaha)***

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat sot Dir esou.

**M. Charles Margue** *(déi gréng).-* Ass dat elo géigesäiteg?

***(Hilarité)***

*(Toun kuerz ënnerbrach)*

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Voilà.

***(Brouhaha)***

Okay ... Madamm Presidentin ...

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Kënne mer e bësselche fir Uerdnung suergen, dass mer dann elo gläich kënnen ufänken?!!

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Mir hunn zwou Stonnen.

**Une voix**.- Mir mussen um zéng fäerdeg sinn.

***(Brouhaha)***

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Mir ass et egal, ech hunn Zäit. Mä Dir hutt keng Zäit!

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Also, wéi Der mierkt, hunn ech net ganz vill Stëmm. Ech kann awer mat ganz vill Méi … Neen, den Här Minister huet d'Wuert.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Merci, Madamm Presidentin. Ech wollt vläicht kuerz den Iwwerbléck ginn, wéi mer geduecht hunn, eis elo ze organiséieren am Ministère, mat der Police zesummen, natierlech och mat der Justiz, well mer mussen eis hei enk ofschwätzen an deem Dossier hei, fir op Basis vum Avis vun der CNPD - mä net nëmmen - an deenen nächste Méint hei virzegoen, fir datt mer an deenen nächste Méint kucken, Neel mat Käpp ze maachen an deem Dossier hei.

Dat Éischt, wat mer am Ministère decidéiert hunn, dat ass, fir e Comité de suivi anzesetzen, zesumme mat der Police. Mir sinn och dankbar, datt d'CNPD d'accord war, fir eis Vertrieder an dee Comité de suivi ze schécken, fir datt si en A drop halen an deenen Aarbechten, déi mer do maachen, ob mer déi Recommandatiounen och esou ëmsetzen, wéi dat proposéiert ginn ass vun hinnen. Duerfir wëll ech och vun hei aus nach eng Kéier Merci soen.

Dee Comité de suivi, deen huet och elo eng éischte Kéier getaagt, de 24.10., an en huet sech eng éischte Kéier d'Recommandatiounen ugekuckt. An deen Tableau, deen Der elo wäert presentéiert kréien, do sinn déi Recommandatiounen alleguerten op där lénker Säit enthalen. Op där rietser Säit gesitt Der schonn éischt Iwwerleeungen, déi gemaach gi sinn am Ministère an och bei der Police, fir ze kucken, wéi mer déi ganz Saache kënnen ëmsetzen.

Parallell zu deem doten Exercice leeft awer och en Exercice, fir de legislativen Deel ze iwwerschaffen. Mir hunn eis d'Hëllef geholl vun enger Affekotenetüd, déi spezialiséiert ass am Dateschutz, déi mat eis zesumme schafft; déi den Optrag kritt huet vum Ministère, fir dee legislativen Deel ze begleeden. Déi schaffen och schonn dorunner. Déi wäerten och Enn Dezember, wéi ech et versprach hunn, da mat mer

zesummen heihinner kommen. Da wäerte mer Iech en éischten ..., déi grouss Linne virstelle vun de gesetzlechen Ännerungen oder reglementareschen Ännerungen, déi mer musse virhuelen.

Soudatt wa mer elo hei Saachen net dran hunn, déi méi de legislativen Deel betreffen, dann ass dat net, datt déi Saache vergiess ginn; mä dat ass, well déi behandelt ginn op deem Niveau. Natierlech spillen déi Saachen zesummen. Mir ginn deenen och natierlech den Input vun deem, wat mer hei amgaange sinn ze schaffen, fir datt dat alles schéi propper iwwereneestëmmt.

Da kréie mer och nach Enn November den Avis vun der Inspection générale de la Police. Mir hu jo och een Datum, mengen ech, nach fixéiert Enn November. Ech ginn dovun aus, datt mer dee wahrscheinlech wäerten notzen, fir datt d'IGP dann hire Rapport ka virstellen.

Elo musse mer kucken, wann do Saachen dra sinn, déi nach en supplément kommen zu deem, wat d'CNPD scho festgestallt huet - dat ass natierlech kee Problem, da loosse mer dat afléissen, sougutt an deen hei Deel wéi och an deen Deel, wat de legislative Beräich ubelaangt.

Also, dat heescht: D'Zilsetzung ass, wéi ech et schonn ugekënnegt hunn, fir datt mer bis d'Chrëschtvakanz wierklech de kompletten Iwwerbléck hu vun deem Ganzen, datt mer awer och scho wëssen, a wéi eng Richtung datt mer eis beweege wäerten, fir d'verschidde Verännerungen ze maachen, an datt mer dann, esou wéi ech dat gären hätt, bis d'nächst Joer de Summer op deenen zwee Niveaue wierklech Kloerheet hunn, eng propper Situatioun hunn, déi dem Rechtsstat entsprécht.

Voilà, dat vu mir virausgeschéckt als Virremark. Den ... Ah jo, pardon, ech hunn nach vergiess ..., ech kréien hei en Ziedelche bäigeluecht: Am Comité de suivi ass selbstverständlech och de Ministère de la Justice ...

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ech hunn den Ziedel net dohinner geluecht.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Nee, de Charel huet mer deen elo eriwwerginn.

.. an de Parquet général vertrueden, well mer, wéi gesot, eis musse selbstverständlech mat hinnen ofstëmmen.

Voilà, da géif ech proposéieren, datt mer dem Här Neuens, Madamm Presidentin, d'Wuert géife ginn. Da kéint hien eng Kéier duerch deen Tableau do goen, fir ze erklären, wat déi éischt Iwwerleeunge sinn, déi mer elo gemaach hunn, fir de Recommandatioune vun der CNPD Rechnung ze droen.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Ganz gären.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ah jo, nach eppes, pardon, nach eppes Leschtes. Mir hu jo och nach eng Sëtzung en Donneschdeg. En Donneschdeg kritt d'Kommissioun déi Lëscht mat all de Fichieren. Mir ginn Iech déi en Donneschdeg. Dat sinn der relativ vill. Ech mengen net, datt mer elo donneschdes sollen do derduerch goen - dat packe mer net. Mä datt mer vläicht och déi Sëtzung dann am …, mir hu jo nach eng am November fixéiert, eng Kéier huelen, fir dann ze kucken. Ech mengen, d'Deputéierte kënnen eng Kéier driwwer kucken, wat et ass, an dann hir Froe stellen an där Sitzung duerno.

An dann hu mer nach de Schluss jo och ze maachen. Ech mengen, et sinn nach ee Punkt, oder zwee Punkten, déi opsti vun dem Contrôle des antécédents. Déi kënne mer en Donneschdeg fäerdegmaache mam Budget. Ech mengen, dat ass jo dann en Donneeschdeg virgesinn.

*(D'Band war ganz kuerz ënnerbrach.)*

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Merci, Här Minister. Merci, Madamm Presidentin. Bon, also wat déi Recommandatiounen ubelaangt. Déi éischt, dat war, dass mer eis Traitementer dokumentéiere mussen. An dat géife mer an enger éischter Phas effektiv maache wéi de Moment de Kader ass am Fong vun enger

Prescription interne, déi mer génge publizéieren. An da muss ee kucken eben, wéi et weidergeet, ob iergendwann eng Kéier legiferéiert gëtt oder et e Règlement grand-ducal gëtt, dat wär dann an enger zweeter Phas. An da maache mer och en Ënnerscheed tëschent dem Dokumentéiere vum Bestehenden an dem Dokumentéiere vun deem Neien, wat mer ëmsetzen, wat natierlech an Etappe geet a wou och dann déi Dokumentatioun wahrscheinlech wäert evoluéieren a Fonctioun vun der Aart a Weis, wéi mer mat eiser Aarbecht weiderkommen.

Dann eng zweet Recommandatioun, dat war fir den Accès ze regelen. Bon, do war emol fir d'Éischt gefrot ginn, fir zousätzlech Garantië virzegesi fir Polizisten, déi zwar vum Statut hier Polizist sinn, mä déi awer an enger administrativer Fonctioun sinn. Dat ass zum Beispill e Beamten, deen an de Ressources humaines schafft oder an der Logistik, an deen huet jo vu sengem Statut hier d'Méiglechkeet, well e Polizist ass, huet en och d'Obligatioun, eng Rei Saache kënnen ze kucken. Et ass awer net all Dag, wou en dat misst maachen. Dass mer do am Fong probéieren, e System ze fannen, dass mer op där enger Säit eng gewësse Garantie hunn, zum Beispill iwwert d'Motiver, wou e méi genau muss erklären, firwat en dat mécht, an dann eben och herno Kontrolle maachen, dass mer dann effektiv kënnen zum Beispill erausdrécken, wat fir eng Leit an administrative Fonctioune wat fir eng Kontrolle gemaach hunn. A wann do een opfälleg ass, well e vläicht vill méi Kontrolle mécht, wéi en et eigentlech duerch seng Fonctioun kéint, da kann ee geziilt kucken, wat dee gemaach huet oder firwat dass en déi Recherchë gemaach huet.

D'Journalisatioun, wat e wichtege Punkt ass vum Dateschutz, dass een ëmmer retracéiere kann, wat gemaach ginn ass an enger Datebank. Bon, do hu mer de Moment Systemer en place, déi och eiser Meenung no konform sinn zum Text. Wat awer eng Lacune ass, dat ass, dass mer, wann zum Beispill e Beamten dobaussen eng Kontroll mécht an deen iwwer Funk mam RIFO Kontakt ophëlt, fir eppes ze kucken, jo, da gëtt gelogged den Operateur vum RIFO, deen d'Donnéeë kucke geet, an net de Beamten, deen iwwer Funk et eragefrot huet. An do war dann d'Propositioun, fir ze kucken, dass een dann iergendwou zréckhält, dass ee kann notracéieren, fir wien dass dee Beamten um RIFO déi Recherche gemaach huet.

Do muss een natierlech oppassen, dass een do net ze vill eppes Opwänneges

mécht, well dat ass jo mat Aarbecht awer verbonnen. Dat geet och mat Momenter do relativ séier, muss eng Äntwert kommen. An do proposéiere mer an enger éischter Phas, d'Nummer vum Beamten anzedroen als Motiv, an da kucke mer, ob een net iwwer en anere Wee ka goen, iwwer en anere Logiciel, dee mer hunn, den Einsatzleitsystem, wou verschidde Requêten, déi gemaach ginn, wa se am Kader vun enger Interventioun gemaach ginn, wou en Asaz dokumentéiert gëtt, dann ass souwisou en Asaz op, da kann een et och dodra schreiwen. Et ass awer elo esou, dass net alles, wat dobausse gemaach gëtt, als Asaz consideréiert gëtt.

Do musse mer kucken, ob dat do net en Overkill gëtt, dass mer herno Asätz generéieren, déi am Endeffekt keng sinn. Mä dat wär eng Optioun, fir et e bësse méi professionell ze maachen. A laangfristeg wäerten déi Donnéeën, also déi Traitementer erofgoen, well mer jo wëllen d'Leit equipéiere mat mobille Moyenen, fir dass se selwer kéinten aus dem Auto eraus vun engem Tablet d'Recherche maachen. An da géife selbstverständlech ebe si selwer gelogged ginn, well si jo d'Recherche maachen, an net méi den Operateur vum RIFO.

En anere Punkt war d'Delaien, wéi laang mer d'Donnéeën halen. Do hu mer eng Propos gemaach, déi largement inspiréiert ass vum Règlement grand-ducal vun 1992, wat an eisen Ae gutt ass. Bon, do muss een elo kucken, well 1992 sinn eng Rei vun Ännerunge komm. Zum Beispill ass d'Prescriptioun vun Delikter, déi fréier op dräi Joer waren, op fënnef Joer eropgesat ginn. Dat sinn esou kleng Detailer, wou ee muss kucken, ob een et adaptéiert. Mä vum Prinzip hier huet dat eis convenéiert. Well dat war jo eigentlech déi Logik, fir ze soen, soulaang eng Affär net verjäert ass a soulaang an enger Affär ka geschafft ginn, kënne mer d'Donnéeën traitéieren. Da kënnt iergendwann eng Kéier den Ament, wou eng Decisioun um Fong geholl gëtt, sief dat eng Condamnatioun oder en Aquittement oder eben eng Mesure, déi een esou am Fong dertëschent ka kucken, an da ginn nei Delaien generéiert op Basis vun der Decisioun vun der Justiz.

Bon, do muss een natierlech kucken, dat ass jo u sech d'Fro: Firwat hu mer dat haut net ëmgesat? Dat war einfach technesch immens schwéier déizäit, besonnesch och mat de Moyenen. Haut ass dat méi einfach. Haut erlaabt d'Technik, dat do ze maachen a mir probéieren, dat hinzekréien. Et muss een natierlech kucken, déi

Retouren déi komme vum System vun der Justiz, do muss een elo kucken, wat fir eng Donnéeën do sinn, déi mir kënne gebrauchen. Well de JUCHA ass jo net opgebaut, fir eis Delaien ze generéieren. De JUCHA ass opgebaut, fir d'Traitementer vun der Justiz ze erlaben. An da muss een, wéi gesot, kucken, dass een déi Informatiounen, déi mir brauchen, och huet. Vläicht muss ee JUCHA-Saachen änneren oder vläicht muss een op een anere Wee goen, fir dat ze erméiglechen. Dat, wéi gesot, muss ee kucken. Am Detail ass et schwéier ze soen. Mä mir hunn elo eng Propos gemaach, op Basis vun där mer dann diskutéieren, wat mer kënnen ëmsetzen.

Dann déi Fro vun der Partie „Archiv". Bon, déi hänkt natierlech zesummen. Eiser Meenung no, wann een op de Wee geet, wéi et am Reglement vun 1992 virgesinn ass, da kann een effektiv deen Archivage däitlech erofsetzen, well dat Reglement vun 1992 eis am Fong erlaabt, d'Donnéeën esou laang ze halen, wéi se wierklech elo sënnvoll sinn. Et ass entweder, well eppes ka gemaach ginn am Dossier, oder eben, wann eng Strof geschwat ginn ass an d'Leit e Casier hunn, dann, soulaang wéi d'Leit eben am Casier sinn, kënne mir och d'Informatioun bezüglech zu där Affär kucken. Da brauch een net wäit driwwer erauszegoen. Et brauch een et am Fong just nach an deene seltene Fäll, wou eng Revisioun gefrot gëtt; dat ass extrem rar.

Dat heescht, et kann een entweder higoen an et relativ laang halen, mä d'Accèsen extrem staark limitéieren. Oder et seet een einfach, um Niveau vun der Police brauche mer et kaum ze archivéieren an deene Fäll - da muss ee just kucken, op der Magistratur d'Donnéeën ze hunn, dass wann eng Revisioun géif kommen, dass et do da kéint gemaach ginn.

Mä, wéi gesot, do fanne mer och Léisungen. Do si mir wierklech elo net ..., hu mir kee Problem, fir déi Delaien erofzesetzen.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Jo, ech wollt vläicht dozou eng Remark maachen. Dat do ass natierlech e wichtege Punkt. Dat ass jo ..., deen huet jo zwee Voleten. Dat Eent ass de Volet: wéi gëtt et archivéiert, wéi ass den Accès/Log, also datt erauszefannen ass, wie wou u wat drukënnt. An dann, dat Zweet ass natierlech ze differenzéieren, d'Proportionalitéit ze kucke a Fonctioun vu

jee nodeem wat et ass: wéi laang halen ech wat.

Bon, dat do ass elo emol eng Approche, déi d'Police mir proposéiert huet. Mä hei leeft parallell natierlech och déi Analys vun deem belsche Büro, dee sech d'belsch Gesetzgebung ukuckt an d'Nopeschlänner ukuckt. An do iwwerleeë mer eis herno par rapport zu den Delaien - herno komme mer och nach ze schwätzen op d'Fro vun de Mineuren, wat jo och e wichtege Punkt ass -, par rapport zu den Delaien en général, wéi wäit mer do ginn, also wat mer do zréckbehalen an och wat mer herno an d'Gesetz schreiwen. Well mir ass et hei wichteg - dat ass och, fir d'Police ze protegéieren -, dat ass, datt mer herno kloer transparent Regelen hunn, déi och gesetzlech festgehale sinn, datt kee méi herno ka soen: „Hei, do gëtt eppes archivéiert, wat net rechtens ass."

Also, wéi gesot, dat hei ass elo emol déi technesch Approche, mä da kënnt nach eng hannendrun. Dat ass eng méi analytesch: Vergläich mat den Nopeschlänner, wéi gëtt et do gehandhabt a wat behale mer dann zréck definitiv, respektiv wat schreiwe mer an d'Gesetz a wat schreiwe mer net an d'Gesetz.

**Une voix**.- Très bien !

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Kéinte mer vläicht do och eng Zwëschefro stellen, da brauche mer herno net …

Ech hunn dat opmierksam nogelauschtert. Ech fannen och, datt dat an déi richteg Richtung geet. Wat ech elo net ganz richteg aus Ären Ausféierunge verstanen hunn, Dir hutt do gesot, et gëtt dann also en Delai festgeluecht an deen Delai wäert sech haaptsächlech och e bësselchen op d'Prescriptioun vu gewëssen Infraktioune baséieren.

Elo ass et awer esou, datt et jo och an deem Delai kann zu enger Rei vun Affäre kommen, déi iwwerhaapt net poursuivéiert ginn, respektiv wou scho wärend dem Delai en Aquittement kënnt. Do wär ech awer frou, wann Der eis och kéint soen, wéi Der dat do maacht.

Ech mengen, dat ass wierklech och eng fundamental Fro, datt d'Leit, déi effektiv ee Moment „prévenu“ sinn, awer no engem Joer oder schonn no sechs Méint oder no dräi Deeg, wou näischt méi erfollegt, wéi geet et do, fir dee Moment deenen hir Inscriptioun awer méi schnell ze läschen, wéi eben an deem Delai, deen do fixéiert gëtt.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Jo, do war ech wahrscheinlech net ganz kloer. Also den Delai, wou mir ufänken, ass dee vun der Prescriptioun. An dann, wann innerhalb vun deem Delai - dat ass jo ..., zum Beispill beim Crime sinn et zéng Joer, wou awer och nach duerch „acte interruptif“ kann dat verlängert ginn. Mä wann innerhalb vun deem Delai vun zéng Joer eng Decisioun kënnt, wéi zum Beispill en Aquittement no dräi Joer, dann ass d'Donnée vun dräi Joer fort. Well déi Affär, déi ass u sech zwar ..., wéi kann ech elo soen ... Se wär nach net verjäert, wann et keen Uerteel gi wier. Mä et ass een Uerteel ginn, an en Aquittement ass en Aquittement, dat heescht, do kann een näischt méi maachen. Och wann duerno géif erausfonnt ginn, et war en awer, dann ass en definitiv aquittéiert.

An och bei enger Condamnatioun, wa mer soen, mir génge gären déi Regel vum Casier huelen - ma wann d'Persoun zum Beispill condamnéiert gëtt a se kritt eng ganz kleng Strof, eng Geldstrof beispillsweis, do ass, wann ech mech elo gutt erënneren, am Casier virgesinn, dass déi Donnéeë fënnef Joer drableiwen. Dat heescht, komm mir soen, et géif no engem Joer eng Geldstrof ginn, ma da wäre se bei eis no sechs Joer eraus, ee Joer plus fënnef. Och well, wann de Fait, wann en net ofveruerteelt gi wär, en nach net verjäert wär.

Et ass am Fong: D'Decisioun vun engem Geriicht ass en neit Element, fir den Delai erëm frësch ze consideréieren. Mä, à défaut vun enger Decisioun gi mer esou laang weider, wéi d'Prescriptioun et erlaabt, also wéi am Fong mir eng Obligatioun hunn, mir an d'Autorité judiciaire, fir wann Elementer kommen, fir d'Affär weider ze poursuivéieren.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Wéi ass et mat engem Non-lieu? Do kënnt jo elo keng Décision d'aquittement, mä et gëtt eben ee Moment decidéiert, fir guer näischt ze maachen.

***(Interruption)***

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Jo, de Problem ass jo beim Non-lieu: Et gi verschidde Fäll vun Non-lieu. Et gëtt den Non-lieu, deen ee schwätzt, well een an enger Affär eben einfach seet: „Bon, et sinn net genuch Elementer do“, a wou een éierlech gesot seet: „Wann ech mat där Affär an d‘Sitzung ginn, da gëtt et en Aquittement, e Mangel u Preuven, mä ech hunn e schlecht Gefill.“ Bon, dat ass eng Méiglechkeet, fir en Dossier dann emol zouzemaachen, awer sech d‘Méiglechkeet ze loossen, op Charges nouvelles en erëm opzemaachen. An déi Charges nouvelles, déi jo definéiert sinn am Code de procédure pénale, dat ka jo net einfach sinn, well op eemol erëm ee Loscht huet. Dat heescht, do sinn Elementer virgesinn, wéi zum Beispill eng nei Ausso, eng nei Zeienausso oder wierklech fundamental Elementer, déi erlaben, d‘Affär opzemaachen. D‘Affär gëtt et nach.

Dofir si mir zum Beispill der Meenung, dass et fir esou en Non-lieu sënnvoll wier, fir d‘Saach am Fichier ze halen, well et ass jo vläicht duerch eng Informatioun vun der Police, wou déi Informatioun do kënnt. Wa mir et net wëssen, wann déi Affär eraus ass, jo, da kuckt een ni méi dono. Duerfir wär et sënnvoll, deen Non-lieu beispillsweis ze halen.

Elo gëtt et awer eng aner Form vum Non-lieu, dat ass wa beispillsweis d‘Gesetz ännert: Ech loossen haut eng fléien op Base vun engem Gesetz, mar gëtt d‘Gesetz geännert, dat heescht, et ass keng Strofdot méi. Do si mer jo am Fall, dass dat méi einfacht, dat méi favorabelt Gesetz priméiert. Dat heescht, ech ka jo da net méi veruerteelt ginn. Do si mir der Meenung, esou en Non-lieu, dat bréngt näischt méi, dat ass am Fong dem Aquittement gläichzesetzen, dee misst erauskommen.

En anere Fall ass: Ech hunn dräi Verdächteger. Elo mierken ech iergendwann eng Kéier - elo si se allen dräi inculpéiert, a wärend der Affär mierken ech -: „Majo bon, deen ee war et“, oder: „Et ass e ganz aneren, déi Leit sinn onschëlleg.“ Da kréien déi och en Non-lieu, mä dat ass och en Non-lieu, deen eigentlech méi wäert ass wéi en Aquittement, well am Endeffekt war hien et jo wierklech net, also en ass zu Onrecht

beschëllegt ginn. Och do si mir der Meenung, dass esou en Non-lieu soll erausgeholl ginn.

Elo musse mer awer kucken, dat ass ee vun deene Fäll, wou ech gesot hu beim JUCHA: „Fir hir Besoinen ass dat en Non-lieu.“ Hinnen ass et egal firwat. Do muss ee kucken: Kann een deen Non-lieu do opdeelen an déi dräi Kategorien? Dass ee seet: „Den Non-lieu vun der éischter Kategorie hale mer, deen aneren Non-lieu net.“

En anert Beispill ass de Classement sans suite. Wéi maache mer et domat? Och do si mer der Meenung ... E Classement sans suite ka jo zum Beispill ... Grond ass jo deen, fir ze soen, dass eng Affär, bon, et ass eng Strofdot, mä et ass elo net ... den Trouble à l‘ordre public ass minime. Den Trouble à l‘ordre public kann awer grouss ginn duerch d‘Repetitivitéit. Beispill: Gare, Drogen. Wa mer een huelen, deen dräi Gramm bei sech huet, da kann ee soen: „Bon, dat kann Eegekonsum sinn.“ Et gëtt déi éischte Kéier klasséiert. Wann deen awer all Woch erëmkënnt mat sengen dräi Gramm, jo, da muss een awer iergendwéi [...] hunn.

Elo kann een natierlech soen: „Jo, d‘Autorités judiciaires hunn et do, d‘Police brauch et net ze hunn. Si hu jo am JUCHA, dass et en Non-lieu ass.“ De Problem ass awer nuets, de Polizist, deen d‘Affär huet, dee rifft de Substitut un, deen ass doheem. Deen huet keen Accès op de JUCHA. Dat heescht, wann de Polizist net ka soen: „Deen doten, deen ass elo schonn dräi- oder véiermol protokolléiert ginn“, jo, dann decidéiert de Substitut: „Majo, et ass gutt, da protokolléiert en a loosst e lafen.“

Datselwecht gëllt fir Kläppereien oder aner Affären. Duerfir ass et an eisen Ae wichteg, dass mer d’Informatioun vum Classement sans suite behalen. Elo kann een awer op de Wee goen, dass een e Retour vun der Informatioun kritt, dass mir wëssen, dass et e Klassement ass, dass mer emol soen: „Bon, en huet eng Kéier eng fléie gelooss, mä et ass decidéiert ginn ze klasséieren.“ Dat seet jo och eppes aus dann.

Mä dat sinn elo déi Saachen, déi ee muss kucken. Do gëtt et de Pour an de Contre. Do muss een decidéieren, wat mer maachen. A mir maachen dat dann. Also mir hunn ... Ech mengen, dat ass eng politesch Decisioun, op wat fir e Wee ee wëllt

goen. Dat muss ee kucken, wat een elo méi héich aschätzt. Wann ee seet: „Bon, en Non-lieu ass effektiv eng Decisioun, fir et net zum Geriichtsprozess kommen ze loossen“, dann dierf déi Persoun och net an der Police bekannt sinn als een, deen eng kleng Strofdot gemaach huet.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure.-* Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo, ech soe Merci fir déi Explikatiounen. Ech muss soen, et gesäit een, dass Der Efforte wëllt maachen. Mä ech hunn e bëssen d'Impressioun, dass dat hallefhäerzeg Efforte sinn. Ech hunn elo deenen Explikatiounen attentivement nogelauschtert. Wann een en Non-lieu huet, dann ass een „présumé innocent“, dann ass een onschëlleg! A mir kommen ëmmer erëm op déi Diskussioun zréck, ech hunn et d'lescht Kéier missen op der Chamberstribün soen, wou e Conseiller vum fréiere Justizminister an enger Justizkommissioun gesot huet op eng Fro vu mir: „Wat ass fir Iech een, deen aquittéiert ass?“ - „Dat ass een, dee fir eis net veruerteelt ass.“

An dat, wat Der hei sot vun den Non-lieuen, dat geet an déiselwecht Richtung: Wann en Non-lieu do ass, da si keng Chargen do, fir där Persoun eng Infraktioun ze reprochéieren. Dat ass esou! Ob een dat gutt fënnt oder net, mä dat ass esou!

Wann Dir eng Affär klasséiert, da sot Dir: „Jo, wa mir ee vun den Drogen op der Gare hunn ...“ Jo, wann Der ..., da musst Der soen: „Mir poursuivéieren dat“! An da sot Der, entweder ass dat keng Infraktioun fir Iech oder, wann et eng Infraktioun ass, da poursuivéiere mer et. Mä Dir kënnt net soen: „Mir klasséieren dat sans suite a mir loossen et awer nach an dem Dossier.“

Wann Der d'Recommandatioune *(et feelt: kuckt)* vum fréiere Procureur général adjoint, dem Georges Wivenes, deen och President vum Conseil d'État war, deen awer net wëllt, dass en an där Qualitéit an deem Kontext zitéiert ginn ass, mä dee war Autorité de contrôle - Artikel 17 - ënnert dem fréieren Dateschutzgesetz. Do steet an de Rapporte vun 2013, 2014 ganz kloer dran, dass, soubal en Dossier vun der Police, wou de Procès verbal de transmission ofgeschloss ass, dass en da bei der Justiz ass

an dass dann eigentlech déi Affär sollt bei de Fichiere vun der Police erauskommen. Dat steet an deene Recommandatiounen.

Do kann een natierlech soen: „Mir fueren awer esou virun, well de facto geet et awer herno erëm esou virun, wann dat do drasteet.“ Ech wëll just, dass Der Iech iwwerleet, wann d‘Leit nëmmen normalement aviséiert sinn, ma da siche se de Stat systematesch un op Base vun der Responsabilité civile, well déi Direktiv, jo, d‘Gesetz vun 1988, well d‘Direktiv iwwert d‘Présomption d‘innocence, déi fir mech - an ech mengen, ech sinn net deen Eenzegen heibannen - net komplett ëmgesat ass, déi seet ganz kloer: De Stat - an dat sinn all seng Servicer! -, dee muss sécherstellen, dass déi Présomption d‘innocence op allen Niveaue garantéiert ass. An do geet et net, e Soupçon ze hunn, mä do muss een « à l‘exclusion de tout doute » enger Persoun hir Onschold, muss een déi respektéieren. An et ass nëmmen, wann een « à l’exclusion de tout doute » engem eng Strofdot kann noweisen, dass dat kann iergendwéi nach fichéiert ginn.

An dann dat Zweet och am Ufank zu den … Dir géift elo Réglementation-internen huelen, fir dass d‘Policeleit awer sech méi missten identifizéieren, wa se Nofroe maachen.

Bon, wann Der den „Spiegel“ huelt, et huet ee mer den Artikel online geschéckt, „Helene Fischer, 83-mal in einer Nacht“. Also dat ass e reissereschen Déngen. Elo hu se de Florian Silbereisen nach do gesinn. An dann, do si Polizisten zu Frankfurt - do huet d‘Helene Fischer dann en Optrëtt gehat, zu Frankfurt -, do ass an enger Nuecht 83-mol den Dossier vun der Helene Fischer gekuckt ginn. Jo! Et steet schwaarz op wäiss am „Spiegel Online“. Ech hunn e souguer extra kaaft e Samschdeg de Moien. E kascht 6,80 Euro, do kënnt Der et noliesen.

**Plusieurs voix**.- En ass och gratis um Internet.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* En ass och gratis um Internet. Mä do stelle sech déiselwecht Froen. An ech schléissen awer domadder. Ech …

***(Interruptions et hilarité)***

Ech schléissen domadder. Ech hunn, wéi mer déi Debatten haten - wéini war dat, am Juli, mengen ech? -, do hunn ech zoufälleg gekuckt gehat, wat d'Fransousen *(et feelt: hunn.)* Ech hunn et gegoogelt: D'Fransousen hunn en Text bei hinnen am Code de procédure pénale iwwert den Traitement des antécédents judiciaires. Mir si jo do net vill wäit dovun ewech. Mä déi hunn eng ganz Prozedur, dass net all Polizist Accès huet op déi Donnéeën. Mä dat si Polizisten, déi an enger extraer Cellule regruppéiert sinn, fir kënnen esou Consultatiounen ze maachen. Dann ass och do eng Motivatioun, wou muss ugi ginn, firwat dass Donnéeë méi laang stockéiert ginn.

An ech verstinn eigentlech net, dass mer elo erëm hei versichen, hallefhäerzeg Léisungen ze maachen, amplaz dass een entweder vun de Belsch oder vun de Fransousen déi Texter kuckt a se op lëtzebuergesch mat alle Garantie-procedurallen …

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech hunn elo grad gesot ...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo?

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech hu gesot: „Parallell zu deem, wat ech hei proposéiert kritt hunn, kucke mir mat deem Büro déi belsch Legislatioun an déi franséisch a mir kucken dat.“ Dat hei ass net dat, wat elo presentéiert gëtt, wat herno wäert zréckbehale ginn. Dat ass jo Matière à discussion.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Okay.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Bon, fuert emol weider! Ech wëll net …

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Nee, mä et ass dat: Et huet kee Sënn, dass mer elo erëm do piddele ginn an dann herno, mat dem Motto, dass awer nach alles ass, an dat eent ass technesch net méiglech ... Wa Recommandatioune komm sinn ..., den Här Wivenes ass jo awer elo net kee gewiescht! Deen huet jo d'Saach kannt vun dem Statsrot aus, wat Droits de l'homme ass, an en huet d'Praxis gesinn als Procureur

général adjoint. A wann hien dat schreift, dat heescht jo och implizitt, dass en als Autorité de contrôle der Meenung ass, net nëmmen, dass dat eng gutt Recommandatioun wier, mä dass et och aus der Siicht vun dem Parquet awer praktesch kann implizéiert ginn.

Dat ass d'Recommandatioun vum Georges Wivenes aus de Rapporten 2013/2014 vun der Autorité de contrôle, Artikel 17. Do steet dat ganz kloer. Deen huet eng ganz Rei vu Regelen opgestallt, mat Tireten. An ech mengen, mir hate se d'ailleurs och diskutéiert hei an deene Commission-jointen. Mä wann dat opgelëscht ass vun engem Mann, deen déi eng an déi aner Säit gesinn huet, da muss et jo net esou komplizéiert sinn, fir déi Recommandatiounen ëmzesetzen.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure.-* Merci, Här Roth. D'Madamm Polfer wollt dozou direkt eppes soen.

**Mme Lydie Polfer** *(DP).-* Jo, ech mengen, déi Froen, déi den Här Roth elo opgeworf huet, déi stelle sech och e bëssen am Kader vun enger Diskussioun, déi mer déi leschte Kéier an der Reunioun haten iwwert d'Séparation des pouvoirs an de Respekt vun der Séparation des pouvoirs. Dat heescht, ech schwätze vun der Opportunité des poursuites.

An onsem System läit jo eben d'Opportunité des poursuites beim Judiciaire. Dir hutt virdrun elo vun Däitschland geschwat. An Däitschland ass d'Opportunité des poursuites an deem Sënn net ginn. Do ass d'Obligatioun, do huet de Riichter d'Obligatioun, all Verfeelen, an esou minim et ass, ze poursuivéieren. Dat ass jo e bëssen dat, wat Dir sot, a wéi den Här Neuens elo just erkläert huet: Bon, wann et eng éischte Kéier ass, an et ass kee groussen Trouble à l'ordre public, okay dann déi éischte Kéier.

Dat ass och, wann ech versichen ze verstoen, fir e bëssen eis Juridiktiounen ze desengorgéieren, well et ass jo net, wéi wa se net genuch ze dinn hätten. An dat do ass jo ee Moment, jo e bëssen eng Manéier, fir emol heiansdo ze soen: Okay, eemol ass keemol, wann et net ze schlëmm ass, an do läit eben dann d'Opportunité des poursuites herno. Ech schwätzen zwar elo éischter vun de Riichteren, mä esou, wéi

Dir et erkläert hutt, ass et engersäits an deem Sënn och logesch. Mä et versteet een och, wat den Här Roth seet. Jo, da kann et emol en Non-lieu sinn oder et gëtt emol net poursuivéiert, mä et ass awer vläicht net schlecht, datt ee weess, datt et awer eng Kéier stattfonnt huet.

Awer dat kënnt an där Diskussioun, wou mer eis jo gesot hunn, mir géifen eis all Moyen ginn, fir dat an aller Rou ze diskutéieren, well do ass jo dann eben och: Wat ass de Pouvoir vum Minister op eben d'Poursuitten? E kann ni soen, et dierft net poursuivéiert ginn. Mä e kéint awer soen: Dat do soll poursuivéiert ginn. Bis elo ass dat mat gréisster Diskretioun gemaach ginn oder iwwerhaapt net. Mä dat do sinn alles déi grondsätzlech Froen, op déi mer an där Diskussioun, wou mer jo gesot hunn, mir géngen eis Spezialisten huelen, fir dat an aller Rou ze diskutéieren, awer kommen.

Also, d'Opportunité des poursuites bréngt eben esou Situatioune mat sech, datt emol eppes net wierklech poursuivéiert gëtt an dann effektiv déi bëssen Onkloerheet opbleift: Ass en dann elo schëlleg, oder ass en net schëlleg, oder soe mer déi éischte Kéier, en ass net schëlleg, quitte datt e vläicht och do schëlleg wier? Also, et ass schonn net ganz esou einfach, mengen ech.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure.-* Merci, Madamm Polfer. Den Här Minister.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo, ech wollt just soen, op Basis vun deem, wat den Här Roth elo beschriwwen huet, datt et awer de Rôle ass vun der Police ze beschreiwen; et ass un eis herno ze decidéieren, wat mir wëllen zréckbehalen. Ech wëll dat hei kloer soen: Wat mir herno hei decidéieren, ech hu kee Problem domadder, wann d'Chamber decidéiert, datt an deem Fichier d'office alles muss erausgeholl ginn, wou en Non-lieu geschwat ginn ass, da kann d'Chamber dat decidéieren. Mä 't ass de Rôle vun der Police, drop opmierksam ze maachen, datt et awer do Ënnerscheeder gëtt a wat d'Konsequenze kënne sinn, jee nodeem, wat mer hei decidéieren. Dat ass dat Eent.

Dat Zweet ass: Komm, mir waarden emol of, wéi et an der Belsch an a Frankräich wierklech ass! Hei gëtt elo villes gesot, wéi et wierklech ass. Mir hunn d'Texter nach net gekuckt am Detail. Dat wäerte mer maachen. Mir wäerte jo vun deem Bureau déi belsch an déi franséisch, virun allem déi belsch, Gesetzgebung kréien. An och hätt ech gär, datt mer d'belsch Praxis hei kréien. A wann et muss sinn, da ruffe mer d'Belsch eng Kéier heihinner, fir eis ze erklären hei, wéi si et dann an der Belsch maachen. An da gesi mer mol, ob an der Belsch wierklech näischt fichéiert gëtt d'office, bei alles, wéi et elo erkläert ginn ass, déi Fäll, déi hei am Moment beschwat ginn. Da gesi mer dat! An da kënne mer dat a Rou diskutéieren.

Duerfir, ech mengen, datt d'Police absolutt an hirem Rôle ass, fir eis hei ze soen an drop opmierksam ze maachen, firwat datt et Ënnerscheeder gëtt a wat d'Konsequenze kënne sinn, jee nodeem, wat mer hei applizéieren. Herno soll d'Chamber fräi decidéieren, wat se fir richteg fënnt.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure.-* Villmools Merci. Wann elo heizou keng direkt Froe méi sinn, da géif ech proposéieren, dass den Här Neuens ka weiderfuere mat senger Presentatioun.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Ech ka vläicht e Beispill ginn, wat och elo an der Press war, de Mord vum Walter Lübcke. Do ass jo en Tatverdächtegen ermëttelt ginn, well eng Autosplack opgeschriwwe ginn ass. An déi Autosplack, déi war, ech mengen, 15 oder 17 Joer virdrun eng Kéier opgeschriwwe ginn um Rand vun enger Manifestatioun am rechtsradikale Milieu. A si haten déi Donnéeën nach! Zu Lëtzebuerg wären déi Donnéeën no dräi Joer geläscht gewiescht.

Dat heescht, och e Land, wat normalerweis dohinner gestallt gëtt als vum Dateschutz hir extrem gutt huet awer iergendwou dann Garde-fouen, fir verschidden Informatiounen ze halen. Et kann natierlech sinn, an ech ginn och dovun aus, dass net all Polizist déi Donnéeën do hat. A wa mir hei elo vum Fichier central schwätzen, da schwätze mir jo just vun enger Applikatioun, wou mir och soen, dass et eigentlech déi harmlost ass, well et ass eigentlech dat, wat d'Enn ass vun enger Enquête judiciaire, wou de Rapport dran ass, dee jo geschriwwe gëtt. Dee gëtt et jo. Mir kënnen déi Traitementer hei net net maachen. Déi Traitementer, déi ginn et.

An da stellt sech d’Fro: Wou stockéiere mer déi? Mir hu jo och eng Dateschutzobligatioun, wann d’Leit eis froen: „Wat hutt Der iwwer mech?“ Da musse mer iergendwou kucke goen. Dat heescht, mir komme schonn eleng duerfir net derlaanscht, déi Donnéeën hei iergendwou ze hunn, fir deeër Obligatioun nozekommen.

Natierlech ginn et aner Traitementer, an dat wäerte mir mat der Lëscht mar presentéieren, da wäert Der dat gesinn. An do sinn Traitementer derbäi, wou net all Mënsch Accès huet, a wou nëmmen déi Leit Accès hunn, déi wierklech op deeër Matière schaffen.

Bon, dat anert zu der Présomption d’innocence: Ech ginn Iech absolutt recht, ’t ass en extreem heikelt Thema. A wann ee sech elo géng Hardliner huelen an déi aner Richtung, da kéint ee soen: Majo, ier eng Persoun veruerteelt ass, ass se „présumé innocent“, dat heescht, mir huelen näischt eran. A wa se veruerteelt ass, huet se e Casier. Dat heescht, wann ee sech op d’Extreemt stellt, da kann ee soen: Mir brauchen iwwerhaapt kee Fichier, well virdrun ass d’Persoun onschëlleg, an herno ass se am Casier dran.

Bon, ech gesinn zwar net, wéi mer da kéinte schaffen, an ech gesinn och net, wéi wa mer da vun der Justizautoritéit den Optrag kréien, géint eng Persoun ze ermëttelen, déi am Verdacht steet, eng Strofdot gemaach ze hunn, a mir hunn absolutt keng Anung, wat déi Persoun virdru gemaach huet. Da génge mer awer vläicht op de Google goen oder op RTL kucken: war do schonn iergendeppes? Dat ass eigentlech dat, wat d’Problematik ass. Mä ech hu vollt Verständnes, ech mengen d’Présomption d’innocence, Dir dierft ni vergiessen, mir maache Perquisitioune bei Leit doheem an der Présomption d’innocence, mir lauschteren Tëlefonen of an der Présomption d’innocence a mir féiere Leit op Schraasseg an der Présomption d’innocence.

**M. Gilles Roth** *(CSV).*- D’Gesetz gesäit et awer vir, dass déi Méiglechkeete gi sinn [...].

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.*- Jo.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Dat kënne mer och hei maachen.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Jo.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure.-* Dierf ech Iech just alleguerten drun erënneren, dass mer jo e Verbatim maache vun dëser Reunioun - dat hat ech nach eng Kéier vergiess, am Ufank ze soen - an dass et ganz wichteg ass, dass Der Är Mikroen umaacht, well d'Madamm Weycker sech heiansdo e bësselche schwéierdeet, alles genau opzeschreiwen, wann een dat net gutt héiert? Merci.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Gutt. Dann zum Retour vun Informatioune vun dem JUCHA. Bon, mir hunn de Moment e Projet pilote amgaangen, fir emol reng deen technesche Volet ze kucken, dat heescht: kënnen déi Systemer matenee schwätzen? A parallell leeft den Audit vum JUCHA, fir ze kucken, wéi een esou e System en place kéint setzen, fir de Fall, wou et net fonctionnéiert. Dat ass de Moment amgaangen ze geschéien.

Dann hu mer eng Propositioun gehat, bis deen automatesche System leeft, fir vläicht manuell ze kucken, Informatiounen ze kréien. Do muss ech soen, dat ass am Fong eng Saach, déi méi d'Justiz betrëfft wéi eis, well 't ass vill méi komplizéiert, fir déi Decisioun ze huelen, wéi et fir eis ass, se ëmzesetzen. Dat heescht, do géif ech einfach soen: Dat, wat d'Justiz capabel ass, eis do ze liwweren, si mir capabel ëmzesetzen. Mä do läit, mengen ech, de Ball bei hinnen, well mir hunn de Moment an deenen Tester, déi mer maachen an deem System JUCHA, 1.500 Modifikatiounen oder Aktioune pro Dag.

Elo wësse mer natierlech net: Sinn dat 1.500 Modifikatiounen, déi och bei eis implizéieren? Dat heescht, muss all Eenzel bei eis gemellt ginn, fir dass mir eppes dermat maachen? Mä ech mengen, wann dat der 1.500 sinn, da muss iergendwou och een déi kucken, watfir eng sinn dann déi, déi d'Police brauch. Dat heescht, et ass méi e Problem vun der Justiz wéi bei eis. Mä ech mengen, dat dote gëtt net evident.

Et muss een och soen: Mir schaffe wahrscheinlech méi séier um neie System, wéi mer dat am Ufank gemengt hunn, soudass ech mengen, dass mer vläicht méi séier en automatesche System hunn, deen eis d'Situatioun verbessert par rapport zu haut, wéi mer se mat engem manuelle System un d'Stoe génge kréien.

Dann d'Qualitéit vun den Donnéeën. Bon, do ass deen ee Volet effektiv dat, wat mer elo diskutéiert hunn: Wat ass eng Informatioun wäert, wann eng Decisioun um Niveau vun der Magistratur geholl gëtt, zum Beispill Classement sans suite oder en Non-lieu? Dat passt [...]. Do muss eng Kéier een decidéieren, wat mer domat maachen. Mä et ass awer en anere Volet, deen ass méi komplizéiert, wat d'Qualitéit ubelaangt. Wat maacht Der, wa mar eng Persoun iergendeen denoncéiert? Stellt Iech emol vir, Dir wäert am Fall, en Noper wëllt Iech schlecht, oder e politesche Géigner wëllt Iech schlecht, oder iergendeen denoncéiert iergendeppes.
[...]
Entschëllegt, ech hunn …

***(Hilarité)***

Da kommt, mer soen e Parteifrënd!

***(Hilarité)***

Gutt. Mir musse jo da schaffen. Mir kënne jo dann net soen: „Deen do mécht dat net." Da si mir obligéiert, dat opzeschreiwen, wat dee seet. Da soe mer awer vläicht: „Bon, dat do ass eng komesch Geschicht."

Ech kann och e konkret Beispill ginn. Mir hunn eng Affär gehat, do beschëllegt an enger Scheedung de Mann d'Fra, pädophill Biller vun hirem Kand ze hunn um Computer, eng seriö Beschëllegung, déi derzou féiert, dass eng Informatioun opgemaach gëtt, wou dann och eng Perquisitioun gemaach gëtt, de Computer saiséiert gëtt a wou dann erausfonnt gëtt: Do ass manifestement näischt drun. Do sinn e puer Fotoen drop, wou d'Kand gebuet gëtt, wou d'Kand am Sand spillt,

definitiv näischt. Sou, dat war an der Instruktioun. Dat ass geschriwwe ginn. Déi Fra huet dee Moment eng Affär, wou se verdächtegt gëtt, pädophill ze sinn.

Bon, all Mënsch ass sech sécher: Dat do ass net de Fall. Bon, mir sinn elo do, d'Prozedur, wa mer elo génge soen: „Dat do gëtt entweder en Aquittement oder en Non-lieu." Bis deen Non-lieu geschwat ass, dat dauert eng Zäit. Esou laang wär d'Persoun dran. An do soe mir: „Dat do kann net sinn!" Well nu kommt, mir soen emol, elo kritt déi Persoun en Non-lieu, da seet déi: „Nee, ech wëll aquittéiert ginn. En Non-lieu gesäit ëmmer esou aus wéi Mangel u Chargen, ech wëll aquittéiert ginn."

Mä dann dauert dat ënner Ëmstänn ee Joer oder zwee, bis déi Persoun aquittéiert ass, esou laang wär déi bei eis fichéiert als pädophill vu senger Denonciatioun vun hirem Mann am Kader vun enger Scheedung. Do soe mir: „Dat kann net sinn!" Mir wëssen awer net, wéi mer dat do hikréien, well mir net Riichter sinn. Deen dote Fall ass einfach. Ech mengen, wann ech deen dote Fall soen, seet all Mënsch heibannen: „Déi Fra muss eraus."

Mä et ginn awer aner Fäll, wou et méi zweifelhaft ass, wou mer soen ... Mir hate Fäll mat Schüler, wou e Schüler denoncéiert ginn ass, e géng mat Drogen handelen, mer d'Affär gemaach hunn, dee Schüler fräiwëlleg seet: „Majo, ech maache ganz gären en Urintest." Dee gëtt gemaach, fräiwëlleg. De Schüler, deen ass null, dat heescht, dee Schüler consomméiert keng Drogen. Jo, da seet deen: „Wou kënnt d'Saach dann hier?" An am Kader vun der Enquête stellt sech dann eraus, dass een en denoncéiert, deen em schlecht wëllt.

Deeër Fäll ginn et! An do musse mer e Wee fannen. Ech muss soen, wat de Judiciaire ubelaangt, d'Police judiciaire, ass et oft esou, dass déi Dossieren einfach zréckbehale ginn, dass déi Dossieren net an de Fichier kommen, bis eben effektiv bei der Magistratur ee seet: „Okay, 't ass elo Zäit, fir se eranzehuelen." Dat ass eng Méiglechkeet, mä dat kënne mer net verlaange vu Leit, déi - ech soen emol - déi Affären net esou am Detail kucken, déi méi séier ofgehandelt ginn. An do ass och e Risiko, wann een dem Polizist déi Méiglechkeet do gëtt, ass e Risiko do, dass e Polizist et falsch appreciéiert. Dat ass och e Problem vun der Qualitéit. An deen ass

vill méi schwéier ze regele wéi dee Problem ..., dat anert ass eng politesch Decisioun, den Non-lieu eran oder eraus. Mä dat do gëtt vill méi schwéier.

Dann, eng aner Dateschutzobligatioun ass et, d'Qualitéit vun de Leit am System ze hunn. Do hu mer jo de Moment, fir et nach eng Kéier ze rappeléieren, mir kënne just eng Recherche um Fichier central maachen op Basis vun der Persoun, déi suspektéiert gëtt, eng Strofdot gemaach ze hunn. Mir wëllen awer e Minimum, dass mer den Ënnerscheed maachen tëschent engem, dee verdächtegt ass, engem, dee veruerteelt ass, engem Zeien an engem Opfer.

Lo kann een driwwer erausgoen. Et ass zum Beispill och eng Saach, déi mer amgaange sinn ze diskutéieren. Dir kennt dat vläicht. Kommt, mer soen, d'Fäll vun enger Kläpperei. 't mécht ee Plainte wéinst enger Kläpperei an da seet de presuméierten Täter: „Ma neen, ech hu mech just gewiert, deen aneren huet ugefaangen." Da mécht en eng Géigeplainte. Do hutt Der am Endeffekt zwee Suspecten.

Gitt Der elo hin an Dir sot einfach: „Mer consideréieren déi zwee als Suspect. " Mir kënne jo net jugéieren, wen dann elo am Endeffekt dee Schëllegen ass a wen net. Obwuel, och do soen ech: Wann dat een ass, deen zwee Meter grouss ass an deen all Woch esou eng Affär huet, an deen aneren huet ee Meter fofzeg an hat nach ni eng Affär. Dann ass d'Chance relativ grouss, dass mer wëssen, wen de Schëllegen ass a wen net. Mä mir kënnen als Police net soen: „'t ass esou."

Do muss een da kucken, ob ee vläicht méi wäit geet, ob ee seet, 't gëtt e Suspect, dee Suspect a Plaignant ass, dass een da gesäit duerch de Fait Plainte a Suspect, dass ee seet: „Gutt, 't ass eng Géigeplainte do. Dat wëllt elo vläicht manner soen, wéi wann et elo einfach nëmmen eng Plainte ass, déi net contestéiert gëtt."

Dat sinn Detailer, déi ee muss kucken. Mä dat do ass de Minimum, dee mer wëlle realiséieren. Mir hätten awer eng Tendenz, fir ze soen, mir génge gär doriwwer erausgoen. Mer mussen awer da wëssen, wéi wäit. Mir maachen eng Propositioun do, wou mer eis Gedanke maachen, op wat fir ee Wee ee kéint goen.

A wat natierlech do interessant ze wëssen ass: Vun der Technik hier, do si mer am Fong net blockéiert, mir kënnen do developpéieren, well mir kënnen déi Kategorië permanent ausbauen. Wa mer elo eng Kéier génge mierken, déi véier ginn net duer oder mer hunn der ze vill. Do si mer net blockéiert, also un där Decisioun si mer net blockéiert, wat d'Realisatioun vun eisen Outilen ubelaangt.

Wat elo wichteg ze soen ass awer, ass mat deenen Dossieren, déi elo bestinn, déi kënne mer net alleguerten epluchéieren, fir dat doten eriwwerzehuelen. Do hu mer awer eng Iddi, wéi mer dat wëlle maachen. Ech mengen, et ass jo och kee Geheimnis, dass, bei engem groussen Deel vu Leit, mir ëmmer erëm mat deeneselwechte Leit ze dinn hunn, déi ëmmer erëmkommen.

Do hu mer d'Iddi, fir, wa mer elo den neie System hunn, an et kënnt eng Persoun, déi mer mussen an de System eranhuelen, dass mer an den ale System kucke ginn: Huet e schonn eppes am ale System? A wann d'Äntwert do Jo ass, dass mer dat dann iwwerhuelen, an zwar dann och no den neie Regelen. Dat heescht, wann do Saachen dobäi sinn, déi mer net méi dierfen eranhuelen, huele mer se net méi eran, soudass mer no an no, an ech géif soen, wann een dat dote mécht, dann huet een no zwee, dräi Joer huet een all déi Leit, déi mer wierklech brauchen, am neie System dran. An da muss een nach eng Kéier kucke mat de longues Peines. Ech mengen, do muss een eng Kéier mam Prisong kucken, een dee 15 Joer sëtzt, ech mengen, deen ass 15 Joer roueg, dee fält net méi op. Mä et wär awer net gutt, wa mer deen elo eraus hätten!

Also wa mer deen dote Wee génge goen, mengen ech, dass mer no zwee, dräi Joer kéinte soen: „Elo kënne mer deen ale System zoumaachen, well am Endeffekt si just nach Leit dran, déi eemoleg eppes haten. An dann ass et net schlëmm, wa mer déi net méi hunn."

Et kann ee jo och de System vläicht op en „Archiv plus" setzen, dass mer soen, wann eng Kéier eppes ganz Graves passéiert, da gi mer nach doranner kucken. Wéi gesot, do fanne mer och eng Léisung, mat där mer mat Sécherheet liewe kënnen.

D'Données sensibles ass och e wichtege Punkt. Do muss een och ganz gutt oppassen. D'Données sensibles si jo déi, déi am Artikel 9 definéiert sinn. Dat sinn am Fong dat, wat reliéis Konviktioune sinn, politesch Iwwerzeegungen, gewerkschaftlech Affiliatiounen, sexuell Virléiften. Bon, dat si Saachen, déi enregistréiere mir net. Dat ass och verbuede vum Dateschutz hier, fir déi Saachen ze enregistréieren, wann et kee Grond gëtt. Bon, elo ass et awer esou, huele mer de Fall, dass eng Persoun attackéiert ginn ass op Basis vun hirer Hautfaarf vun enger Persoun, déi enger politescher Bewegung ugehéiert, wou dat zum - jo, wéi soll ech dat elo soen?, - zum politesche Programm gehéiert.

Forcement schreift een an där Prozedur dran, dass déi Persoun jo attackéiert ginn ass wéinst hirer Hautfaarf, an d'Motivatioun war eben eng extrem rechts Motivatioun, forcement steet dat dran. Mä dat fënnt een an der Prozedur, mä mir fannen net bei där Persoun, déi dann am System dran ass, déi ass rechtsradikal. A bei deem anere fanne mer net dran, dass deen eng schwaarz Hautfaarf huet.

Duerfir géng et och net goen, wa mir dat dote wéilte maachen, wa mir déi Données sensibles wéilten aktiv uweisen, da misste mir fir all Persoun Données sensibles eranhuelen. All Persoun huet jo eng politesch, reliéis, sexuell Virléift. Mir missten eigentlech bei all Persoun am Fichier soen: „Deen ass dat, dat, dat an dat“, fir dann ze soen: „Passt op! Dat do si sensibel Donnéeën.“

An nach eng Kéier: Mir wëllen déi Donnéeë guer net eraginn. Dat dierfe mer net. Mir brauchen dat net. Et kann awer sinn, dass där Donnéeën dra sinn, wa se am Kader vun der Affär eng Roll spillen. Eng Radikalisatioun am Terrorismus, déi fousst op den Islam beispillsweis, fir en net ze nennen, dat ass evident, dass iergendwou an der Affär muss drastoen, wat déi Persoun gleeft a wat se mengt, op Basis wouvunner se sech radikaliséiert. Mä mir ginn herno net eng Recherche maachen, dass mer alleguerten déi Leit erausdrécken, vun deene mer wëssen, dass se Moslem sinn. Duerfir muss een den Ënnerscheed maachen.

An dann d'Personnes mineures, dat si wuel Données sensibles am Sënn vum Jugendschutz. Mä et si keng Données sensibles am Sënn vum Artikel 9 vum

Dateschutz. Dat heescht, et ass net do opgezielt, an do si mir och absolutt bereet, fir eng Léisung ze fannen. Et muss ee kucken, wéi se ausgesäit.

An do huet d'CNPD eppes proposéiert, wat eis absolutt räsonabel erschéngt, fir ze soen: „Majo, wann e Beamten an de System kucke geet, da kritt en emol gesot, dass d'Persoun mineur ass, dass emol rappeléiert gëtt, bon, déi Persoun ass mineur.“ Dat kann een duerchaus maachen.

Wat mir e bësse wëllen, an da si mer bei der Diskussioun, wou mir an eisem Rôle sinn, ech mengen, bei engem 17-järegen, deen extrem gewalttäteg ass, wär et net glécklech, wann e Polizist dee géng kontrolléieren, a reng wéint dem Fait, well e 17 Joer al wär, hätt en déi Informatioun net.

Ech mengen, do hu mer vill Chance zu Lëtzebuerg, dass mer am Fong déi Problematik nach net hunn. Mä an Däitschland gëtt ganz vill vu jugendlechen Intensivtäter geschwat. Duerfir wier et an eisen Aen net glécklech, fir elo ze soen: „Mir huelen ee Mineur guer net an de System eran.“ ’t muss een ofweien!

Eng aner Saach ass: Wat fir een Accès kréien ech? Ech mengen, wann e Polizist mat engem Mineur konfrontéiert ass, deen extrem gewalttäteg ass, da muss de Polizist dat wëssen. E muss awer vläicht net wëssen, wat de Grond ass, dass dee Mineur vläicht a senger ..., wierklech wéi en e Kand war, mësshandelt ginn ass oder schlecht Erfahrunge gemaach huet. Dat brauch en net. Dat muss ee vläicht da soen, déi do Informatiounen, déi et jo och ginn, déi am System dra sinn, do hätt da vläicht just de Jugendschutz Accès drop, mä net de Beamten, deen dobausse kontrolléiert. Dat ass fir deen net wesentlech. Dee kontrolléiert de Jugendlechen. Dee muss wëssen: Deen do ass gewalttäteg. E muss oppassen, en ass vläicht arméiert. Mä dee muss net wëssen, wat deem seng Geschicht ass.

Dat sinn esou Saachen, wou mer musse kucken, op wat fir ee Wee mer ginn. Mä vum Prinzip hier hu mir absolutt kee Problem, fir do Garantien anzesetzen. An, wéi gesot, déi Propositioun vun der CNPD schéngt eis absolutt räsonabel. Voilà!

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Voilà, villmools Merci fir dës detailléiert Presentatioun. Ech ginn dervun aus, dass elo nach eng Partie Froe sinn. Den Här Goergen, gesinn ech. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Merci, Madamm Presidentin. Bon, Merci, fir d'Erklärungen. Do sinn e puer gutt Usätz derbäi. An et kann een natierlech ëmmer nach e bësse méi wäit goen. Mä wéi de Minister gesot huet, ass dat dote jo elo nach net déi final Versioun.

Ech hunn elo nach e puer Froen zum Login. Do war eng Kéier - ech mengen, et war am Juni - heibanne gesot ginn, dass déi Logfiles net laang génge gehale ginn, wéinst dem Datespäichervolumen. Wéi ass et do elo an dëser Versioun herno? Ass et esou laang, wéi de Fichier selwer besteet, dass ee kann nokucke goen och nach zéng, fofzéng Joer duerno, wen dat wéini kucke wuar? Oder soll dat begrenzt ginn op dräi, fënnef Joer, dass déi gewësse Logfiles bestoe bleiwen?

Dann, am Sënn vun der Transparenz, ass och ugeduecht, dass - et si jo elo esou vill Demandë gemeet ginn, fir de Fichier ze kucken; ech sinn och selwer do derbäi, ech wollt dat emol eng Kéier méi genau testen, wéi dat ofleeft -, ass do net ugeduecht, dass een dat vläicht op en informatesche Wee géng bréngen? Dass een einfach um guichet.lu herno ka seng Date kucken? Natierlech net live, well dat jo verschidden Enquêtë géng awer trotzdeem behënneren, mä dass een awer do vläicht ugeduecht huet, wa schonn en neie System kënnt, dass de Bierger herno kéint iwwert de guichet.lu seng eegen Date kucken, wat iwwerhaapt do drasteet. Dat géng Iech natierlech och deementspriechend vill Aarbecht erspueren, dass Der et net manuell bräicht ...

An op där anerer Säit ass et - Dir hutt et virdru schonn ugeschwat - iwwer Relioun a sexuell Orientatioun. Ech hat dozou och eng QP gestallt. Do ass et, wéi Dir op d'QP och richteg geäntwert hat: „Et steet net an engem Feld". Mä Dir hutt jo elo gesot, et ass awer herno an den Dokumenter erëmzefannen. Dat heescht, eng Persoun, déi eigentlech schlecht engem wéilt, géng awer herno, wann et eng Kéier erfaasst ass, iwwert déi Dokumenter erëmfannen, wéi eng sexuell Orientéierung zum Beispill oder

wéi eng Relioun dass een hätt?

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Jo.

**M. Jeff Neuens,** *Police Grand-Ducale.-* Okay. Also zu der éischter Fro, wat d'Durée ubelaangt. Och do si mir ganz op. De Moment ass et esou: Déi dräi Joer, déi am Fong an den Texter stoungen, déi haten als Argument, am alen Dateschutztext vun 2002 ware jo déi meescht Dateschutzverstéiss penal Infraktiounen. Et waren Delikter. An do war d'Verjärung déizäit dräi Joer. Dat erkläert déi dräi Joer.

Wann een also elo - kommt, mir soen no véier Joer - géng erausfannen, dass een en Dateverstouss gemaach hätt, an ech géng an d'Logfiles kucke goen, ech hätt se nach, da wär ech an der Situatioun, dass ech zwar géng erausfannen, dass ee mech illegal nogekuckt hätt, mä ech kéint näischt méi maachen nom alen Text, well et verjäert wär. Dat war de Grond vun deenen dräi Joer.

Bon, haut mam Delikt wäre mer bei fënnef Joer. Elo ass et awer esou, dass ganz vill Dateschutzverstéiss haut keng penal Strofdot méi sinn, mä just administrativ Strofen.

Iwwert d'Delaien elo: Eis ass et eigentlech egal. Mir kënnen, mir hu kee Problem dermat, fir ze soen: „Mir halen och d'Logfiles esou laang, wéi mer d'Donnéeën hunn." Et ass eng Saach vun Datevolumen an et ass alles haut ze geréieren. Et muss ee just och bedenken, et ass e bëssen, wat an der Diskussioun vun der Direktiv zu Bréissel ganz vill Länner gesot hunn: „Kommt, mir halen op, Datebanke vun Datebanken ze maachen!" Well och eng Logfile ass eng Informatioun, ass en Dateschutz. A wann een de Prinzip vun der Dateminimisatioun kuckt, dat ass am Fong konträr zum Prinzip vu Logfile. Mä fir Iech op Är Fro ze äntweren: Mir sinn do ganz op. Do muss eng politesch Decisioun geholl ginn. Mir kënnen domat liewen, dass ee seet: „Mir huelen de Minimum." Mir kënne mam Maximum liewen. Also mir hunn do wierklech guer keen a priori, also kee Problem.

Transparenz, guichet.lu. Bon, Dir wësst vläicht, wann eng Verwaltung beispillsweis en Auto nofreet, dass een dat op guichet.lu kann nokucken, bei der Police awer net.

De Grond ass deen: Wa mir un esou Donnéeë wéi dat dote gi bei enger Persoun, déi eng Strofdot gemaach huet, an déi gesäit, dass d'Police ufänkt, d'Adress ze kucken, d'Donnéeën ze kucken, jo, da weess déi: „Okay, si sinn hannert mer."

Wat elo de Fichier ubelaangt: Theoretesch kéint een eng ganz Rei Informatiounen de Leit zougänglech maachen. Well, wat ech jo och ëmmer gesot hunn, dat ass: Déi Saach vun deem geheime Fichier, wéi se am Fong oft elo gebraucht ginn ass, eigentlech geheim ass dSaach just an deeër Phas, wou de Secret de l'instruction gëllt, éier d'Persoun vun hirem Gléck weess.

Beispill: Et mécht ee Plainte: „De Schwammmeeschter ass u mech gaangen." Jo, da kënne mir jo net de Schwammmeeschter informéieren: „Hei, mir hunn elo Donnéeën iwwert Iech." Da maache mir d'Enquête a wärenddeem, wärend där Phas weess de Schwammmeeschter näischt vu sengem Gléck. Da kënnt iergendwann eng Kéier d'Phas, wou mer soen: „Okay, mir maachen d'Perquisitioun." Da kritt de Schwammmeeschter scho Bescheed, wann en do ass, dass mer do sinn. Da gëtt en dozou gehéiert, geet e bei den Untersuchungsriichter. Da weess dee vu sengem Gléck. Vun deem Moment un huet deen all Informatioun.

An do ass et och vum Dateschutz, et steet notamment an der GDPR dran, also an deem Volet, deem allgemengen, do steet dran, wann ech meng Donnéeë kucken, ee Kritär oder eng Méiglechkeet, fir am Fong am Kader vun der GDPR ze refuséieren Accès ze ginn, ass, wann d'Persoun d'Donnéeë schonn huet.

Bon, mir sinn eigentlech an der Situatioun, dass mer entweder an der Situatioun sinn, dass d'Persoun d'Donnéeë schonn huet, oder an där Situatioun sinn, wou mer d'Donnéeën net kënne ginn.

Also eigentlech, wann een d'GDPRs-Logik géif huelen, génge mer op alle Fall äntweren: „Entweder hutt Dir jo souwisou schonn alles", oder, „Mir kënnen Iech et net ginn". Oder iwwerhaapt näischt äntweren, well och de Fait, ze soen: „Mir kënnen Iech et net ginn", dat heescht, dass mer eppes hunn. Dat wär schonn ze vill gesot.

Bon, dann dat anert, och fir e bëssen ..., well Der sot, mir hunn dat do probéiert. Et

war jo och elo en Artikel och dann erëm an der Press. Mir hunn effektiv haut net dee System, wou mir op ee Knäppchen drécken an da kréie mer alles vun de Leit. Mir hunn all déi Traitementer, wou mer da mussen nofroen. Dann hu mer de Problem, beispillsweis mam Einsatzleitsystem. Do rifft eng Persoun un a si mellt eis eppes. Da gëtt déi Persoun, déi gëtt agedroe mat hirem Numm: „De Jean Schmitt huet ugeruff." Där Jean Schmitte ginn et vill. Wa mir an den ELS kucke ginn, da fanne mir emol éischtens all Schmitt. Mir fannen all Jean. Mir fannen all Strooss, déi mat Jean ugeet. Da musse mer ufänken, en Tri ze maachen. Da fanne mir e Jean Schmitt. Wien ass dat doten? Da gesi mer do vläicht: Okay, dee wunnt do an do. Da kucke mer dat. Dann ass dat awer zwee Joer hier. An d'Persoun, déi eis haut schreift, déi wunnt awer net méi do. Da misste mer an den Historique kucke goe vun dem Persounefichier, fir ze kucken: Jo, deen huet vläicht virun zwee Joer do gewunnt? Et kéint en awer sinn.

Wa mir elo higinn a mir kucken dat do net anstänneg, jo, da gi mir enger Persoun eng Informatioun, dat si guer net war, iwwer eng aner Persoun. Dat ass also guer net esou einfach, dat doten! Dat ass de Grond, firwat mir esou laang, laang ... Bei verschiddenen Demandë si mir e ganzen Dag amgaangen, fir erauszefannen, wat lass ass.

An dat ass verréckt, wat een do fënnt, wat eng Rei Leit vu Saachen hunn, déi mer da musse kucken. An da schwätzen ech net vun deenen Affären, déi um Judiciaire unhängeg sinn. Do fanne mer beispillsweis: Okay, d'Persoun huet en Dossier an der Police judiciaire. Da stellt sech d'Fro: Voilà, weess déi Persoun Bescheed? Wann dat de Fall ass, soe mer der Persoun: „Ma Dir hutt jo en Dossier an deem an deem Fall." Wann net, beim Secret de l'instruction, musse mer mam Magistrat schwätzen, musse mer froen: „Voilà, déi Persoun huet eng Demande gemaach. Mir hunn déi Donnéeën. Kënne mer där Persoun déi Donnéeë ginn?" Den Untersuchungsriichter - emol éischtens musst Der un e kommen, well deen huet jo ..., en ass engem Verhéier oder esou. Dat geet net einfach esou. An da kommt Der un en. Wann Der deem elo sot - den Untersuchungsriichter huet 80 Dossieren -, wann Der deem elo sot: „Kënnt Dir mir d'Donnéeë gi vun där Persoun?", dee kann Iech do net soe Jo oder Neen! Dee kuckt dat no. An deen huet aner Suerge wéi eis dat do ze beäntweren. Dat erkläert déi Delaien. Mir wäre frou, wa mir esou e System hätten: Mir ginn eng Persoun an,

mir drécken ee Knäppchen an et kënnt. A mir, da kéinte mir an enger Véierelstonn äntweren!

Bon, d'Données sensibles: Jo, déi Donnéeë sinn dran. Natierlech, wann engem ee schlecht wëllt, kann en dohinner kucke goen. Mä ech kann och kucke goen, wa keng Données sensibles sinn, an en Abus domat maachen. Mä do sinn ech der Meenung, wann ech deen Abus maachen, da gëtt d'Persoun et jo gewuer, da soll se eng Plainte maachen. Da gi mer där Saach no. An da fanne mer jo eraus, wen d'Saach gekuckt huet. An da muss een natierlech - da gëllt jo och d'Présomption d'innocence par rapport zum Polizist, deen den Abus gemaach huet -, da muss ee kucken, dass een et erausfënnt, en iwwerféiert an en da seriö strooft.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Just eng kuerz Reaktioun. Also mat de Logfiles, bon, do sinn ech anerer Meenung wéi Dir. Fir mech ass et net géint den Dateschutz, wann ee géng erfaassen, an dat laang erfaassen, wen iwwerhaapt eng Kéier engem säin Dossier kucke war. Fir mech wär dat e Plus vun Dateschutz.

An zum guichet.lu: Natierlech ass et esou, dass net, wann haut eng Plainte gemeet gëtt, dass dat direkt muar um Guichet soll stoen. Mä d'Iddi ass a sech, dass esou wéi een haut de Casier um Pabeier ufreet an Dir en um Pabeier zouschéckt, déiselwecht Informatioun einfach transparent um guichet.lu - mat Token - asiichtbar wär fir d'Leit. Dat géng Iech et erliichteren an d'Leit hätte vläicht aner Fantasien, wat iwwerhaapt an deem Casier dra géng stoen. Dat wär och net méi esou, wéi Der virdru richteg gesot hutt, geheim.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Mir hunn dat erkläert, datt dat net geet.

**M. Jeff Neuens,** *Police Grand-Ducale.-* Ech hu jo grad elo erkläert, firwat datt dat net geet.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Ech muss dat jo awer net esou akzeptéieren, wéi Dir et vläicht akzeptéiert.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Kënnt Dir dat esou erklären, datt dat esou einfach ass, datt een iwwer guichet.lu kann einfach iergendeng Informatioun ufroen? Mä kommt, mir sinn awer emol seriö! ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Här Bausch, dann erkläert mir, firwat dass een déi Datei, dee Bréif, deen ech herno wäert heem kréien, wann Dir elo no sechs Méint äntwert, firwat dass ech déi net kann op engem guichet.lu kréien!

***(Interruption)***

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Mä dat ass jo net de Problem! De Problem ass d'Recherche! De guichet.lu mécht et jo net méi séier. Och wann Der ... Dir kënnt natierlech iwwer guichet.lu eppes un d'Police weiderginn. Mä dann dauert ..., dann ännert dat näischt un der Prozedur, déi den Här Neuens elo grad erkläert huet, firwat déi esou komplizéiert ass ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Neen, do hu mer eis elo falsch verstanen. Et geet dorëms, ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Duerfir kritt Der et net méi séier!

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Neen, et geet dorëms, déi Demande, déi ech elo schrëftlech un d'Police gemaach hunn, ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* … dass Der mer dat Dokument iwwer guichet.lu mat deenen Informatiounen ausliwwert, anstatt iwwert d'Post!

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat ass awer näischt ..., dat ännert näischt um Delai. Déi meescht Leit stéiere sech de Moment um Delai, déi meescht Leit soen: „Firwat dauert et sechs Méint, ...

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Den Delai ass jo dann informatesch geléist.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* … wann ech eng Demande kréien?“

Et ass egal, ob een iwwer guichet.lu ufreet oder direkt bei der Police ugefrot gëtt.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Den Delai kéint ee jo automatesch léisen, well déi si jo matenee gelinkt.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Wat gelift?

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Déi wäre jo matenee gelinkt, déi zwee. Dat heescht, ech hu meng Matricule, ech hunn alles am Guichet, dat ass dann deementspriechend gelinkt.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Nach eng Kéier: Wat d’Leit stéiert, ass jo net, wou se d‘Demande musse maachen. Mä wat d'Leit stéiert de Moment ass, wa se eng Demande maachen, dass et sechs Méint dauert, ier se eng Äntwert kréien. Et ass jo dat, wat de Problem ass.

A firwat et sechs Méint dauert, huet den Här Neuens elo grad erkläert. Datt dat net esou einfach ass, ne. An dat léist Der jo net iwwert de Guichet.lu. Och wann Der muer sot: „Mir kënnen iwwert de guichet.lu fueren amplaz iwwert de Police-Site“, da bleift et nach ëmmer esou, datt et sechs Méint brauch wahrscheinlech, jee nodeem, ier Der d‘Informatioune kritt.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Da si mer do nach net enger Meenung. Mir hätte gären eng Léisung, dass een dat kann online transparent ...

***(Interruption)***

… iwwer guichet.lu kucken.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.*- Villmools Merci. Et war nach den Här Roth an den Här Mosar. Den Här Roth fir d'Éischt.

**M. Gilles Roth** *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech hunn awer och, wéi den Här Goergen, verschidde Problemer, nozevollzéien. Ech ka mech nach gutt erënneren, Här Bausch, Dir hutt dat eigentlech bildlech ganz gutt duergestallt eng Kéier virun zwéin, dräi Méint, wou Der gesot hutt hei an der Kommissioun: „Jo, wann ee mat 180 duerch d'Uertschaft rennt, da muss de Polizist, zu senger eegener Sécherheet, awer kënne kucken, mat wiem dass en ze dinn huet." Bon.

Wann ech dat awer vergläiche mat där Ausso elo, dass d'Leit - an d'Leit si richteg rosen dobaussen, an dat sinn der net lauter, déi eng Lëscht hu vun engem Meter, wat se alles op dem Kerbholz hunn -, dass se da sechs Méint musse waarden, bis dass se déi Donnéeë kréien. Also, dat kann ech net novollzéien!

Engersäits sot Der: „Wann ee mat 180 duerch d'Uertschaft fiert - also mat 180! -, déi meescht Uertschaften hu keng dräi Kilometer, dann ass et genau eng Minutt, bis dass en d'Uertschaft duerchqueert huet.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Här Roth, wann Der erlaabt: Dat ass jo nach relativ einfach. Do kann de Polizist nokucken, ob deen dote schonn eng Kéier ..., mat 181 virdrun eng Kéier erwëscht ginn ass, ne.

**Une voix**.- Dann huet en dach eben...awer en aggressive [...].

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Jo.

Mä dat wëllt awer net heeschen ..., domadder hutt Der awer net all seng Donnéeën, wat e jee ..., all seng „Vergehen", entre guillemets, déi iergendwann eng Kéier fichéiert sinn.

Well, wat d'Leit jo gären hätten ..., si wëlle jo net nëmmen eppes wëssen. Dat do ass jo e präzise Fall.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Also ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Si wëlle jo gär wëssen, wat steet alles iwwer mech an deem Fichier central ...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* ... do dran, ...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Okay.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* ... wat ech déi lescht 15 Joer gestëbst hunn.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Dat heescht, liesen ech dat da richteg, dass wann de Polizist, deen op der Strooss steet, wann deen um RIFO eng Demande mécht, well e kann dat jo, wann ech dat richteg verstinn, net direkt froen, da rifft deen do un an da seet deen, mat där doter Plackennummer, da kritt dee just d'Verkéiersdelikter matgedeelt? Stëmmt dat? Maja.

***(Interruption)***

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Wat kritt en dann?

**Une voix**.- Da sot eis dat.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Majo, wann de Polizist urifft, da kritt en emol virun allem gesot, wat elo géint déi Persoun - wann et signaléiert ass -, ob eppes muss gemaach ginn, ob déi Persoun ze verhaften ass, ob se de Führerschäin muss ofgeholl kréien; dat ass dat Éischt. Dass och konkret eppes géint déi Persoun virläit. An da kann de Polizist froen - dat mécht en net ëmmer -, da kann e froen, wat déi Persoun ..., wen dat esou ass.

Wann ech dobaussen ee kontrolléieren, well en ze schnell fiert, dann interesséiert mech natierlech, wann en ze verhaften ass - et wier jo blöd, wann ech dee géif fuere loossen! -, nodeem ech en AT gemaach hunn, an da mierken ech, e wär am Fong ze verhafte gewiescht, well en eng Prisongsstrof ofsëtze muss. Mä ech muss awer net nogoen - wat ass säi Palmarès. Wann en effektiv do just ze séier gefuer ass, ass et okay.

Wann ech awer elo ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* D'Fro, déi jo gestallt ...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* D'Fro ass: Wär et méiglech, theoretesch, ...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* ... datt zum Beispill dee Polizist kéint soen: „Gitt mir elo, bannent hei dräi Minutten, alles dat, wat deen Här do iergendwou um Kerbholz huet."

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Well Dir hutt näämlech ...

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Jo.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* ... och gesot gehat - da wëll ech dann och nach eng Kéier den Här Goergen zitéieren -, mir ware virun der Vakanz, oder no der Vakanz, ...

***(Interruption)***

.. no der Vakanz hate mer eng Sitzung, wou eigentlech zréckbehale gi war, dass d'Deputéierte vun deenen zwou Kommissioune géife mat an ..., ech weess net, bei d'Police kommen, a wou da kéint nogefrot ginn, wéi dat an der Praxis géng oflafen.

An ech weess, dass Dir, Här Bausch, gesot hutt: „Mä da brauche mer een Deputéierten, deen d'accord ass, dass seng Donnéeën ofgefrot ginn." An den Här Goergen, deen hat sech fräiwëlleg zur Verfügung gestallt.

Elo muss ech Iech awer ganz éierlech soen, wann dann d'Deputéierten dohinner ginn an Dir sot, Dir braucht sechs Méint, bis dass Dir dem Här Goergen säi ganze Fichier do hutt - an dat schéngt jo dann awer ze sinn, well den Här Goergen ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Mä et hänkt natierlech dervun of, wat den Här Goergen gestiicht huet!

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo. Nee, mä ... Den Här Goergen ass gewielt. A wann en eppes Seriöes gestiicht hätt, da wier en net hei.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech hoffe jo fir hien, datt en net 50 Affären am Fichier stoen huet.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Ma nee, mä ..., verstitt Der, do muss jo awer ...

***(Interruptions)***

**Une voix**.- Stell Der vir, et wier de Schwammmeeschter!

***(Interruption)***

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* De Fichier ..., also nach eng Kéier ..., de Problem, wann een um RIFO nofreet, dat, wat am Fichier dran ass, dat kritt de Polizist direkt, dat ass och fir eis kee Problem.

***(Interruption)***

Mä et ass jo net nëmmen dat. Déi Persounen, déi eis froen: „Wat ass am Fichier central?", déi Äntwert hu mir an e puer Minutte gemaach. Mir ginn den Numm an, hu

mer et. Mä d'Leit, déi froen: „Wat hutt Dir alles iwwert mech?“ Do kënnt d‘Problematik.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Mä wat steet dann am Fichier central?

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Déi Affären, déi ofgeschloss sinn, déi op d‘Magistratur gaange sinn; déi Rapporten, déi fortgaange sinn un de Parquet.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Okay.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Mä wat net drasteet, dat ass, wou drop geschafft gëtt. D‘Beispill vum Schwammmeeschter. An do hätte mer e Problem.

Wann Dir elo wëllt kucke kommen an Dir wëllt elo soen: „Mir wëllen och kucken, wat Der iwwer mech hutt am System vun der Police judiciaire“, do misste mer mam Untersuchungsriichter schwätzen, fir ze soen ..., well do hu mer e Secret de l‘instruction. Ech hoffe jo, dass kee vun Iech do dran ass, mä dat wär e Problem. Do géif jo dann ee gesinn: Oh hei, do gëtt op mech geschafft wéinst - wat weess ech wat. - An dat ass de Problem.

Dee Fichier central ass kloer. Wat am Fichier central ass, dat wëssen d'Leit. Do ass geschriwwe ginn an d'Leit sinn dozou gehéiert ginn.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* [...] Entschëllegt, dass ech Iech ënnerbriechen. Wann d'Leit op hir Demande präziséieren: „Wat hunn ech am Fichier cenral?“. da sot Dir: „Dat kënne mir bannent enger Woch dem Betreffenden äntwerten.“

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Dat geet relativ schnell. Jo.

Mä mir fueren natierlech der Rei no. Mir hunn elo keen Tri gemaach, dass mer fir d'Éischt deene Leit äntwerten, déi nëmmen de Fichier central froen. Mir fueren einfach der Rei no. A wann do een do ass deen, wou et komplizéiert ass - gutt, dann dauert et e bëssen. An ...

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.*- Dat kéinte mer natierlech änneren. Dir kéint jo ..., Dir kënnt jo separéieren, andeem Der sot, mir maachen zwee Kéip. Deen ee Koup, alles ...

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.*- Jo.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.*- … Fichier central. Da kënnt Der an enger Woch äntwerten. An deen anere Koup, ...

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.*- Jo.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.*- … déi méi komplizéiert.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.*- Mir hunn natierlech och Leit, déi dann ..., déi froen, déi d'Carte d'identité net derbäileeën.

Firwat froe mer d'Carte d'identité? Majo, wann ech mat enger E-mail-Adress froen, jeff123@yahoo.com, gitt mir d'Donnéeë vum Jeff Neuens.

***(Hilarité)***

Jo. Ech kann och ..., ech ka mer eng Adress maachen, jroth@ oder gillesroth@ ...

***(Interruption)***

... groth ...

***(Brouhaha et hilarité)***

... @hotmail.com, an da froen ech: „Wat hutt Dir?“, an dann äntwerte mir. Dat ka jo net sinn!

Duerfir froe mir vun de Leit: Schéckt eis d'Carte d'identité, dass mir e Lien kënne maache mat där Persoun an der ...; da si Leit, déi maachen dat dann net.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Nee, ech mengen, et gëtt jo nach en Ënnerscheed zwësche Leit, déi net konform iwwerhaapt d'Demande maachen. Mä, ech mengen, wat een awer kéint sech iwwerleeën, dat ass, datt ee seet: Déi déi konform ugefrot hunn, déi just wëlle wëssen, wat am Fichier central steet, datt Der déi op ee Koup leet a sot: „Ma déi hu mer jo séier evakuéiert", an dann déi aner separat.

Wann Dir natierlech der Rei no fuert an Dir sot, ech hunn der elo honnert doleien an de Véierten ass e Komplizéierten an da blockéiert dee sechs Méint dee ganze Rescht - jo, dann hu mer natierlech e Problem!

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Ech mengen, do kéint d'Lydie vläicht ...

**Mme Lydie May,** *Déléguée à la protection des données, Police grand-ducale.-* Jo. De Problem ass einfach, datt bal kee just de Fichier central freet. Dat ass wierklech eng Minoritéit an dovunner hu mer och schonn de Gros ofgeschafft.

Dat heescht, et war relativ am Ufank, wou just de Fichier gefrot gouf, ier d'Leit sech bewosst goufen, datt et eben net nëmmen de Fichier central gëtt. An dat heescht, et gëtt elo quasiment alles gefrot.

***(Interruption)***

Jo.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Mä dann ass den zweeten Deel vun Ärer Äntwert, dat wat bei der Police judiciaire vu lafenden Enquêten ass - dat gëtt de Polizist dobaussen och net gewuer.

Wann zum Beispill mir op ee schaffen, huele mer d'Beispill nach eng Kéier vum Schwammmeeschter. Stellt Iech emol vir, mir schaffen op deem, an de Polizist hält deen un, well en ze séier gefuer ass, an dee géif aus Oniwwerluechtheet deem soen, wann deen elo géif contestéieren a soen: „Ma ech hunn nach ni eppes fléie gelooss.

Ech sinn e brave Bierger!“, an dee géif soen: „Bon, brave Bierger - de Jugendschutz schafft op Iech“.

***(Hilarité)***

Ne?

**Une voix**.- Jo.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat wär natierlech net gutt!

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Nee. Dat wär net gutt. Duerfir soen ech, och do ..., déi Saach kritt de Polizist net. Mä Fichier central, ass kee Problem. Dat kritt en. Do geet keen am Detail liesen. Mä dee kritt da gesot: Ma, déi Persoun ass zum Beispill eng Kéier veruerteelt gi wéinst Abroch.

Wat jo interessant ass. De Polizist kontrolléiert owes um eelef Auer een an der Stad an engem Quartier, et fält ëm einfach op, do lungert een erëm. De Polizist iwwerpréift d‘Autosplack vun där Persoun. Huet den Halter. Freet deen Halter mol no. Kritt e gesot: Majo, déi Persoun do, déi ass veruerteelt gi wéinst Abroch.

Ma da geet en dat kontrolléieren. E kuckt vläicht, wat mécht deen.

Wann deen d’Informatioun net kritt, da si mer erëm am Fall vun ..., [...] net, mä da kontrolléiert de Polizist en. Dee seet sech: Okay, hei si se. Fuere mer haut heem, komme mar erëm.

Dat ass déi logesch Konsequenz draus. An et ass do, wou mir soen, aus deem Grond brauche mir déi Donnéeën. Wëssend, dass mer do natierlech an d‘Privatsphär vun de Leit eis iergendwou amëschen. An do muss een decidéieren, wat méiglech ass a wat net.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Den Här Mosar huet nach eng Fro.

Wann Der just erlaabt, fir do unzesetzen: Wéi kann ech mer dat virstellen, wann elo Leit froen: „Wat hutt Der alles iwwer mech?“, also net just reng de Fichier central - de Fichier central gitt Der kucken, dat ass dann ofgehaakt -, an da gitt der quasi all eenzelne Fichier duerch, deen do ass, mä da muss jo iergendwou eng Decisioun getraff ginn: Wat kann ech där Persoun elo matginn a wat kann ech net matginn?

Ech mengen, fir Iech ass dat wahrscheinlech en Ermessen, wat relativ op der Hand läit. Mä wat wären dann zum Beispill d’Donnéeën, déi een engem ... Also, fir mech ass kloer, wat ech engem net ka ginn, ...

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Jo.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* ... mä wat wär dann alles un Donnéeën, déi een engem ouni Problem ka mat weiderginn, Genre “dat hunn ech iwwert Iech stockéiert”, ouni dass dat elo problematesch wär, fir engem déi Informatioune mat op de Wee ze ginn? Wéi e Genre Informatioune wier dat?

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Majo, bon. ’t ass alles, wat am Fichier central ass, wat ofgeschloss ass. Dat sinn d‘ATen, déi am ATs-Fichier sinn. Dat sinn d‘Informatiounen, déi am CSA sinn. Radar, dat ass ELS. Dat heescht, wa Leit eis kontaktéiert hunn, se eppes gemellt hunn. Dat sinn alles Saachen, déi een deene ka ginn. Dat Eenzegt am Fong, wat een net ka ginn, dat ass, wat lafend Enquêtë sinn.

Bon, lafend Enquêten, dat si méi Traitementer. Ech mengen, do kommen ... Dat kann zum Beispill en ADN sinn, dat kënne Fangerofdréck sinn, dat kann e Foussofdrock sinn, wat alles a verschidden Datebanke gemaach gëtt. A mir kënnen de Leit da soen, wann dat elo en Täter ass, da kënne mir soen: „Majo, Dir hat deemools ..., sidd veruerteelt ginn, well Der agebrach sidd. Mir hunn Ären ADN geholl, mir haten Är Fangerofdréck, mir hunn e Foussofdrock vun Iech.“ Dat kann een alles ginn. Dat weess d‘Persoun souwisou. Wa se veruerteelt ass, huet se Accès zum Dossier gehat, do kritt se näischt Neies gesot.

Also dat Eenzegt, wéi gesot, wat mer net ginn, dat ass bei lafenden Enquêten. Do gi mer emol iwwerhaapt keng Äntwert. Dat heescht, wann een eng lafend Enquête huet, mir soen deem emol net: „Mir kënnen Iech näischt soen." Mir soen einfach: „Mir hunn näischt iwwer Iech." Mir léie quasi, well dat ass den „neither confirm nor deny" wéi en am Text steet, well all aner Informatioun ass ze vill.

Mir kënnen och net, wann zwee Leit ufroen am selwechten Dossier, deem, deen näischt huet, kënne mer deem souwisou net soen, „Dir hutt näischt", an deem aner soe mer: „Iech soe mer näischt." Mir kënnen deem och nëmmen äntweren: „Dir hutt näischt."

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Merci! Den Här Mosar.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Jo, Merci. Also vläicht, fir e bëssen och elo hei, fir eis op jidde Fall, eng kleng Konklusioun zu all deene Propositiounen, déi elo hei gemaach gi sinn, wëlle mir ganz kloer soen, datt et fir eis an déi richteg Direktioun geet, mä datt awer nach schrecklech vill feelt an datt mer op enger ganzer Rei vu Punkten awer mat deem, wat bis elo proposéiert ginn ass, eis net zefridde ginn.

Ech wëll awer vläicht just déi dräi wesentlech Punkten nach eng Kéier uschneiden. Deen éischten ass virdru schonn eng Kéier hei diskutéiert ginn. Dat ass, wou mer menger Meenung oder eiser Meenung no nach eng Kéier musse ganz kloer drop zréckkommen, dat ass wierklech wat déi Non-lieuen, Aquittementer ubetrëfft. Ech wëll d'Diskussioun elo net nach eng Kéier ufänken. Mä do bleift fir eis ganz vill Klärungsbedarf.

Dann en zweete Punkt, dee weider net ugeschwat ginn ass vun Iech, dat ass deen, et ass elo haaptsächlech hei vill iwwert de Fichier geschwat ginn, och iwwer Delaien, et ass awer net ganz vill iwwert de Volet Archivage nach gesot ginn, wat awer och e fundamentale Punkt ass. An iwwregens ass do virun e puer Deeg och an eenzelne Medien zitéiert ginn, e Buch vun engem fréiere Kolleeg vun Iech, e Commissaire en chef, Steinmetz, e Mann, deen ech zwar elo net kennen, mä deen e Buch anscheinend geschriwwen huet an deen notamment do an deem Buch behaapt, do

wären an deem Archivage annerhallef Millioun Informatiounen, déi do stockéiert géife ginn.

Bon, et ass och e bësse pittoresk, wat en do beschreift. E schreift näämlech vu Pissprotokollen, déi dann do alleguerte wärend Joerzéngte sech géifen an Archiven erëmfannen.

An do wollt ech awer och emol eng Kéier froen: Wéi geet ..., wéini, ech huele jo do un, wa mer - kommt, mir soen - de Maximum Delai wär zéng Joer, an dann no zéng Joer wat geschitt mat deenen Donnéeën? Kommen déi automatesch an den Archivage? Wéi laang bleiwe se an deem Archivage? Wie mécht och den Archivage? Well an deem Artikel oder an deem Buch gëtt behaapt, dat wären, déi géifen an d'Archiven ee Moment och kommen. Ech huelen un, datt dat dann no 60 Joer ass. Mä do feelen eis awer nach ganz vill Informatiounen. Ech weess elo net, ob Der eis déi kënnt ginn. Mä do hu mir awer d'Gefill, datt nach ganz vill Nohuelbedarf ass.

An dann en drëtte wesentleche Punkt, wou et eis awer wierklech net duergeet, dat ass, wat den Accès ubetrëfft. Ech mengen, do ass schonn e puermol hei gesot ginn: 2.000 Polizisten. Da steet hei just ee Saz. Ech liesen deen elo nach eng Kéier vir: « La police mettra en place des contrôles ciblés inopinés. »

Dat heescht, dat ass elo virun 2.000 Leit en Accès kënne kréien, datt just emol heiansdo Kontrolle gemaach ginn, fir ze kucken, ob dann deen Accès do justifiéiert ass. An do gëtt zum Beispill och guer net iwwert dee Volet geschwat, wien ausserhalb vun der Police selwer kann en Accès op dee Fichier kréien. Wéi ass et mat aneren Administratiounen? Wéi ass et mam SREL ? Wéi ass et soss mat Institutiounen?

A fir eis ass et awer absolument inackzeptabel, datt 2.000 Leit weider einfach do kënne kucke goen. An ech hunn och, den Här Roth huet schonn den Här Wivenes zitéiert, och den Här Wiwinius. Ech hat awer d'Gefill och um Niveau vun der Justice a vun alle Leit, déi mer dozou gehéiert hunn, och d'CNPD, déi sinn awer net méi mat d'accord, datt esou eng enorm grouss Zuel weider en Accès behält.

An och do wéilt ech awer elo vläicht dann éischter vum Minister wëssen: Ass de Minister da weider der Meenung, datt kënnen esou eng grouss Zuel vu Leit en Accès op dee Fichier kréien an datt et just hei nëmmen drëm geet, fir emol heiansdo e Contrôle ze maachen, fir och ze kucken, ob déi Demande d'accès justifiéiert ass.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Also zu Ärem leschte Punkt wëll ech Iech soen, wann Der géngt liesen, wat steetam Text op der éischter Säit ënner « Accès au fichier central », do steet: « La police fera une proposition relative au droit d'accès pour fin novembre. »

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Jo. An hannendrun « mettra en place ». Dat heescht …

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* « … qui sera discutée au sein du groupe. » Mä dat heescht am Kloertext, datt d'Police wëllt eng Propos maachen, fir den Accès ze reduzéieren. Soss bräicht dat jo net hei ze stoen. Soss géng hei …

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Mä dat do, dat ass awer net kloer aus Ären Aussoen, weder Ärer nach dem Här Neuens senger Ausso …

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Ech hunn nach guer keng Ausso dozou gemaach.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Den Här Neuens huet dach dovunner geschwat.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Den Här Neuens huet dovu geschwat.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Awer keng Zuelen, déi …

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Nee, Zuelen hu mer keng genannt. Nee, well jo d'Propos nach net gemaach ass. Et steet just do, datt eng

Propos soll gemaach ginn, well dat jo effektiv och eng Recommandatioun ass vun der CNPD. An et schéngt mir och kloer ze sinn, datt ee muss do kucken.

Ech mengen och do, datt ee soll vergläichen, wat an den Nopeschlänner geschitt.

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.-* Jo.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Datt mer gesinn: Wéi gëtt et do gehandhabt a kënne mer eis net dorun ...? Ech mengen, datt et jo muss méiglech sinn, datt mer eis doru kënnen orientéieren. Wann an der Belsch eppes fonctionnéiert, muss et och hei fonctionnéieren.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Mir sinn eis eens, dat sollt jiddefalls […] substanziell limitéiert ginn. Dat ass […]

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat soll gekuckt ginn, absolutt, absolutt. Dat soll limitéiert ginn.

Dat Zweet ass, Ären éischte Punkt mat dem Non-lieu a mat dem Aquittement, déi Geschicht, Klärungsbedarf. Jo, ech hätt och gär do Klärungsbedarf. Ech wéisst gär vun dëser Chamber herno, wat am Fichier soll drastoen. A voller Konsequenz wéisst ech dat gär herno. Dat ass, ech sinn do Botter an Ären Hänn, wat Dir herno hei decidéiert. Mä Dir musst mir soen, wat Der gär politesch hätt!

Et ass wéi den Här Neuens gesot huet: Dat ass eng politesch Fro, déi musst Dir herno tranchéieren.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Wann 2.000 Leit Accès hunn …

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Jo.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* … dann ass et kloer, dass vill manner Informatioune kënne stockéiert ginn, wéi wann et, wéi an Nopeschlänner, eng reduzéiert Cellule ass vu

Leit an déi just alleng Accès hunn. Mä dass een urifft a seet ënnert iergendengem Virwand Contrôle de routine, an da kënnt, wann ech dat do vum Här Neuens héieren, da kënnt deem säi ganze Fichier central, muss ech soen, ech mengen, dass dat net am Accord ass mat den normale Bestëmmunge vum Dateschutz, esou wéi se op europäesche Standarde lafen.

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat solle mer jo a Rou kucken en Fonctioun wéi et an der Belsch gehandhabt gëtt. Ech wëll mech jo un der Belsch orientéieren. An da gesi mer herno, wat mer zréckbehalen.

Bon, den Archivage, Här Neuens, zu deem musst Der och nach eppes soen.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Bon, mam Archivage, also déi 1,5 Milliounen, dat géng mech ganz staark wonneren. Ech kann Iech net soen, wivill dass dran ass. Ech muss allerdéngs soen, wat fréier de Fall war, mä deen ass net iwwerholl ginn. Fréier ass all Interpol-Telegramm, dee komm ass, och bei eis an de Fichier gesat ginn. Dat heescht, mir haten am Fong, grad wéi déi aner Länner och, d'ganz Welt.

Dat ass awer 2002, wéi dat informatiséiert ginn ass, net méi iwwerholl ginn. Dat heescht, déi 1,5 Millioune kéinten eventuell aus der Vergaangenheet stamen, wéi dee Fichier manuel war. Mä ganz sécherlech haut si mer net op deem dote Volumen. Mä et ass ëmmer nach vill.

De Problem ass, wat dee Reglement vun 1992 virgesäit, ass eigentlech net gutt. D'Reglement, also um Archivage, d'Reglement vun 1992 gesäit vir, dass vun deem Moment un, wou eng Affär net méi däerf am System an der Partie Aktiv sinn, kënnt se an d'Archiv a kann do 60 Joer laang bleiwe par rapport zur première Inscription.

Konkret heescht dat Folgendes: Wann ech eng ... Kommt, mir huelen de Fall vun der Concorde, wou de Wachmann erschoss ginn ass. Dat ass geschitt, ech weess net méi, wéini et war, kommt, mir soen: ronn 2000. 17 Joer drop kënnt en Tatverdächtegen. Dee kritt liewenslänglech Prisong a kënnt dann no 30 Joer eraus. Kommt, mir soen emol esou.

Dat heescht, tëschent dem Fait, dee […] geschriwwen ass, ass déi Persoun 47 Joer laang dran, da kënnt se aus dem Prisong eraus, dann déi Strof, déi se kritt huet, huet se nach ëmmer e Casier. Dat heescht, déi Persoun ass am Archivage dran eigentlech esou laang, wéi se och e Casier huet. Deen awer elo haut eng kleng Strofdot gemaach huet, a kommt, mir soen emol, en ass och nach veruerteelt ginn zu enger Geldstrof, ma deen ass och 60 Joer dran. An obwuel deem säi Casier, deen ass a fënnef Joer, ass en onbescholtene Bierger, deen ass trotzdeem nach 55 Joer méi laang dran.

Dat ass dat, wat de Reglement vun 1992 virgesinn huet. Dat ass net gutt fir eis. Do soe mir och: Do gi mir ganz gär op en anere Wee. Ech soen nach eng Kéier déi Propos, déi mir maachen, déi dorobber baséiert ass, dass mer soen: Esoulaang eng Affär aktiv ass, esoulaang wéi mir kënne géint eng Persoun, déi eng Strofdot gemaach huet, ermëttelen, solle mer d'Donnéeën hunn. A wann d'Persoun veruerteelt ass, da solle mir déi Donnéeën esoulaang hunn, wéi d'Persoun e Casier huet. Mir géifen et och anormal fannen, wann hien aus dem Prisong géif erauskommen an e géif sech bei e Patron virstelle goen, dass de Patron géif wëssen, deen do huet eng Strofdot gemaach, en huet e Casier, an d'Police géif et net wëssen.

Wa mir eis dorobber eens ginn, dann, fir eis, kënne mer dee ganzen Archivage vergiessen, well e bréngt eis eigentlech net méi fuerchtbar vill, mat enger klenger Ausnam, dat ass, wann d'Persounen erëm stroffälleg ginn, dass ee seet: „Kommt, mir kucken, wat se fréier haten!“, notamment Leit, déi laang am Prisong souzen, déi awer erëm Recidivistë sinn, ma da soe mir: „Wat hate se fréier?

Déi Polizisten, déi se deemools ermëttelt hunn, si laang an der Pensioun. Da ginn ech gär den Dossier kucken, fir ze kucken: Ma wat si seng Komplizen, wéi ass e fréier virgaangen? Dat do ass awer elo, do schwätze mer wierklech vum Ausnamefall, wou mir soen: Mir kënnen och domat liewen, wann dat doten net méi ass.

Mä dat ass e Grond. Mir hunn ..., ech hat konkret eng Ufro aus der Belsch. Dat war am Kontext vun den Tueurs du Brabant wallon. Do hunn d'Belsch eis eng Persoun

nogefrot, déi zu Lëtzebuerg bekannt war. Wat interessant war, dat war de Braquage-Milieu. Déi Persoun, déi war zu Lëtzebuerg eng Kéier veruerteelt ginn am Kader vun engem Bankiwwerfall. Et huet einfach gepasst. An dat war am Archiv nach dran. Do hu mer mam Parquet général geschwat a gesot: „Lauschtert, dat heiten ass interessant, well et dee Milieu ass!“ Do ass jo de Verdacht gewiescht, dass et effektiv an déi Richtung géif goen. An obwuel, déi Persoun, déi jo bei eis am Archivage dra war, déi war laang rehabilitéiert. Do war näischt méi ze maachen. Dat war en onbescholtene Bierger. Mä et wier awer interessant gewiescht fir d‘Belsch, fir ze kucken: Gëtt et e Lien? Wat fir eng aner Persoune waren an deem Dossier mat dran?, fir vläicht ze kucken, hunn déi an der Belsch nach eppes, fir weiderzekommen.

Dat ass ee konkret Beispill, wou ee seet: „Juristesch ass näischt méi domat ze maachen, mä et kann eng aner Affär weiderbréngen.“ Mä ech soen: Dat do ass elo ee Fall, dee mer haten an 20 Joer. Mir kënnen domat liewen, wann ee seet: „Deen do Fall ass dann ebe fort.“ Dann äntwerte mer de Belsch « inconnu au fichier ». Mer hunn hinne vläicht gehollef, vläicht och net. Mä do schwätze mer elo wierklech vun engem Fall op dausend. Dat ass …

**M. François Bausch,** *Ministre de la Sécurité intérieure.-* Dat heescht am Kloertext, fir op dem Här Mosar seng Fro ze äntwerten, ech mengen, dat hu mer elo net hei thematiséiert. Mä Dir kënnt Iech virstellen, datt, wat de Fichier, also den Archivage ubelaangt, datt een do extrem restriktiv kann herno Delaien drasetzen. Dat ass jo am Fong d‘Äntwert.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Mä, (TOUN ËNNERBRACH) ass et nach ëmmer esou, 60 Joer. Mä no deene 60 Joer, wat geschitt dann domat? Geet dat da wierklech bei d'Statsarchiven, wéi den Här Steinmetz do a sengem Buch behaapt? Well dat wär jo awer e bësselchen apart, wat dann do effektiv alles an de Statsarchive lant!

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Also, et sinn effektiv regelméisseg, wa gebotzt ginn ass, Dossieren an de Statsarchiv gaangen. Do gëtt et jo och e Gesetz, wat seet, wat, wéini archivéiert muss ginn. Do musse mer eis och nach .., do si mer och nach net gutt, do musse mer eis och conforméieren. Mir hunn och do eng Iddi.

Dat ass déi, fir ze soen ... do ginn et jo Ausname fir d'Magistratur. An eisen Dossier ass jo am Fong eng Kopie vun deem, wat och do ass. Mir kënnen zum Beispill ganz gutt domat liewen, wa mer génge soen: Ma mir schredderen et bei eis, an d'Magistratur huet den Dossier, a vun do aus geet e fort.

Ech ginn Iech absolutt recht. Ech mengen, wann een, deen a relativ jonke Joren eng fléie gelooss huet, eng laang Strof kritt, dann iergendwann eng Kéier awer mat Mëtt 30 oder Mëtt 40 aus dem Prisong erauskënnt, en normaalt Liewe féiert, muss deen, wann en herno 75 Joer al ass, säin Dossier am Statsarchiv fir all Mënsch zougänglech maachen?

(weiblech) Nee, deen ass jo net zougänglech. Dat sinn Données personnelles, déi sinn net zougänglech. Mir hunn en Archivgesetz d'lescht Joer gestëmmt, do kënnt een net einfach esou drun.

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Okay. Ma dann ass de Problem souwisou geléist. Ech mengen, ech hat gemengt, do kéint een …

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Meng Fro ass dat: Wat mécht esou eppes an de Statsarchiven?

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Jo, also dat ass net eise Problem.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Nee, mir sinn d'accord …

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Ech mengen, mir ginn et dohi weider. Mä mir hunn näischt dovunner, wann et am Statsarchiv ass.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Nee…

**M. Jeff Neuens,** *Police grand-ducale.-* Wann een zu eis géif soen: „Zerschreddert et!“, dat wier fir eis okay.

(TOUN ËNNERBRACH)

**Mme Stéphanie Empain** *(déi gréng), Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.*- Okay. Sinn elo nach Wuertmeldungen zum Thema vun haut?

Ech gesinn, dass dat net de Fall ass.

Da géif ech Iech alleguerte Merci soen. Fir déijéineg aus der Commission juridique: Dir hutt eng kleng Paus, an da gesi mer eis erëm.

Merci.

Le Secrétaire-administrateur,
Marianne Weycker

La Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense,
Stéphanie Empain

Le Président de la Commission de la Justice,
Charles Margue